



Bestëmmungen hei da wierklech kann zu Lëtzebuerg geschéien, wat déi zoustänneg Instanze sinn, déi mat implizéiert sinn, wéi dat praktesch kann oflafen a wat och d'Konsequenze si praktescher Natur, wann et dann zu enger Veruerteelung kéint.

Alles dat, mengen ech, mécht, dass mer et hei mat engem Text ze dinn hunn, deen eng breet Zoustëmmung féint, a selbstverständlech och déi vun eiser Fraktioun.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Als leschte Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech mengen, déi Cour pénale internationale ass ouni Zweifel e wichtegt Element vum internationale Völkerrecht an ass och als solches ze begreifen. Et ass am Fong geholl dat éischt internationaalt Strofgerecht, wat et méiglech mécht, déi Verantwortlech, och déi politesch Verantwortlech vu Krichsverbrieche, vu Verbrieche géint d'Menschlechkeet a vu Völkermord ze veruerteelen.

Et muss een awer och wëssen, dass déi Cour pénale internationale Grenzen huet, déi risquéieren, hir universal Gültigkeit a Fro ze stellen. Si ass net vun alle Staaten unerkannt. Wichteg State wéi d'USA, Russland, China oder Israel hunn hir Statuten net ratifizéiert oder emol net ënnerschriften. D'CPI kann awer ugesicht gi vun engem Stat respektiv vu sengem Procureur nëmmen an deem Fall, wann e Verbrieche an engem Memberstat, deen d'Konventionen also ratifizéiert huet, geschitt oder vun engem Ressortissant vun esou engem Stat, an dat grenzt natierlech hir territorial Wierkung an.

Si kann zwar och ugesicht ginn op Demande vum UNO-Sécherheitsrot, an da kënnen och Crimen ugesicht ginn, déi an Netmemberstate stattfonnt hunn. Mä grad do, wann de Sécherheitsrot ageschalt gëtt, ass d'Gefor - mengen ech - evident vum „deux poids, deux mesures“.

Esou hu mer zum Beispill gesinn am Fall Sudan a Libyen, dass do géint déi jeeweileg Macht-haber Schrëtt ageleet gi sinn. Mir gesinn et awer haut net am Fall Syrien zum Beispill. Mir hunn et virduun net gesi bei deem, wat virgefall ass an der Gazasträif. Mir hunn et net gesi bei den Exactione vum der amerikanescher Arméi an Irak oder an Afghanistan. Mir hunn et och net erlieft nom Libyenkrich, wou awer ëmmerhin Dausenden, wann net Zéngdausende vu Leit hiert Liewe verluer hunn. An et muss ee wëssen, dass dat Gesetz hei awer och Strofe virgesäit zum Beispill bei Kollateralschied duerch Bombenattaken op zivil Ziler oder zum Beispill bei Exekutionen...

► **M. le Président.**- Här Urbany, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt? Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech soen lech Merci, Här President, an dem Här Urbany Merci fir seng Generositéit, fir mer ze erlaben, eng Fro ze stellen.

Ech wollt den Här Urbany froen, ob ech e richteg verstanen hätt, datt säi Wonsch wär, datt eng Interventioun a Syrien géif geschéien? An an deem Fall, vu wem se da soll gemaach ginn?

Well ech hat lech verstanen an deem Sënn, datt Der géift regrettéieren, datt d'international Communautéit am Fall Syrien bis elo näischt gemaach hätt. Also meng Fro un lech: Hätt Der gär eng Interventioun a vu wem soll déi da gemaach ginn?

Merci.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech soen lech Merci, dass Der mer erlaabt, meng Riedezäit e bëssen ze verlängeren an och dozou e puer Erklärungen ze ginn.

(*Interruptions*)

Dat ass jo net üblech. Et ass jo net üblech.

Ech sinn effektiv der Meenung, dass géint dat, wat do geschitt a Syrien duerch d'Machthaber a Syrien, déi Exactione géint d'Zivilbevölkerung, déi ouni Zweifel ënnert d'Kategorie Krichsverbrieche falen, Schrëtt beim Internationale Strofgerecht sollen ageleet ginn. Déi Leit solle virun hir Verantwortung virum Internationale Strofgerecht gestallt ginn.

Ech sinn awer gläichzäiteg géint eng militäresch Interventioun a Syrien, well ech fannen, dass dat just nëmmen d'Saach verschlëmmert, dass do Dausende vun zivilen Affere wäerten derbäikommen. An ech mengen, dat hu mer ganz kloer am Fall Libyen gesinn. Do ass et nämlech esou gaangen.

D'Fro stellt sech generell, vu dass mer hei ëm eng...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här Urbany, sidd Der dann der Meenung, datt a Libyen den Diktator Gaddafi net nach do wär, wann net eng Interventioun gemaach gi wär?

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dat ka sinn, dass en dann nach do wier.

(*Interruptions*)

Mä op jidde Fall mengen ech, dass déi Interventioun a Libyen zu Konsequenze gefouert huet, déi net ze verantwortete sinn. An ech wëll mech dergéint wieren... Et ass awer net d'Debatt hei natierlech, et geet hei ëm d'Internationaalt Strofgerecht.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Et muss een awer och wëssen, wéi een d'Leit dohinnerkritt.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Wa mer hei eng Debatt wëlle féieren iwwer militäresch Interventiounen opgrond vun UNO-Mandater oder Net-UNO-Mandater, well ganz dacks sinn och Interventiounen emol geschitt ouni UNO-Mandat - wéi a Jugoslawien zum Beispill -, dann ass dat eng ganz aner Diskussioun. Dann ass dat eng Diskussioun, wat fir Méttelen dass een asetzt, fir géint d'Ongerechtegkeete virzegoen.

An och dann, mengen ech, muss een och net nom Prinzip „deux poids, deux mesures“ fueren, mä da muss een och bei militäreschen Interventiounen se iwwerall maachen, wou et noutwendeg ass. Och wann dee jeeweilegen Diktator e Frënd ass vum Westen. Wéi iwwregens den Här Gaddafi et laang war! Den Här Gaddafi huet jo den europäesche Länner ganz vill Déngschter gelescht, andeems en d'Flüchtlingen...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst awer elo esou lues zum Schluss kommen. Dir sidd elo wäit iwwert d'Beantwortung vun deene Froen eraus. Kommt wann ech gelift elo zum Schluss.

(*Interruptions*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dat ass richtig.

(*Hilarité*)

Do hutt Der vollkomme recht. Gutt, ech kommen dann op mäin Text zrëck an ech wëll do awer dann nach d'Fro stellen un déiselwecht Leit, déi mir elo hei Froe gestallt hunn - ech verlaangen awer net, dass se onbedéngt direkt müssen drop äntworten: Sinn och Nato-Truppen zum Beispill bereet, sech der Juridiction vum Internationale Gerichtshaff ze ënnerwerfen, wa se selwer, wéi dat jo awer an der leschter Zäit zimlech dacks geschitt ass, Massakere gemaach hunn, déi net ze rechtfertige sinn an déi iwwregens och, am Fall Afghanistan oder wéi an Irak, duerch déi ganz Wéltpress gaange sinn a kritiséiert gi sinn?

Den Ënnerschied ass just, dass déi Saache sech net virum Internationale Strofgerechtshaff ofspillen. An ech mengen, just dat soll verënnert ginn. Et soll net eng selektiv Politik jee no politescher Interesselag hei gemaach ginn. An ech wëll wierklech och en Appell maachen un d'Lëtzebuerg Regierung, fir sech op allen Niveauen anzusetzen...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir musst elo zum Schluss kommen. Dir hutt elo méi wéi déi duebel Riedezäit. Kommt wann ech gelift zum Schluss.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Meng Ried u sech hätt ganz gutt an d'Zäit gepasst. Mä leider ginn ech dauernd hei ënnerbrach. Dat ass nun eben esou. Mä ech freeë mech awer doruwwer, well...

► **Une voix.**- Dir sidd dem Här Kartheiser schéin op de Laim gaangen.

(*Hilarité*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Also, Gerechtegkeet, d'selwecht Mooss an alle Fäll a selbstverständlech eng Poursuite vun alle Crimen, déi do geschéien, an et sinn der nu wierklech net weineg.

Ech wëll awer mat engem positiven Akzent ophalen an ech stëmmen natierlech déi zwee Gesetzter hei.

► **Plusieurs voix.**- Ahhh!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech mengen, dass mer hei e juristeschen Text hu vum internationalen öffentliche Recht, dee wichteg ass. Den Här Paul-Henri Meyers huet hei alles dozou gesot, wat zu deem Text ze soen ass.

Wat aner Orateure gesot hunn, engagéiert si. Ech wäert net zu deem Stellung huelen. Ech si frou, dass mer déi doten zwee Texter kënnen stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6230 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt de Vote iwwert de Projet de loi 6230. D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Raymond Weydert), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6231 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6231. D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6272 an der Proposition de loi 4969 iwwert déi zivil Médiatioun, déi zesumme behandelt ginn an enger Diskussioun. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriften: den Här Wilmes, d'Madame Polfer, d'Madame Loschetter an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 6272 - Projet de loi portant

- **introduction de la médiation en matière civile et commerciale dans le Nouveau Code de procédure civile;**

- **transposition de la Directive 2008/52/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 mai 2008 sur certains aspects de la médiation en matière civile et commerciale;**

- **modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;**

- **modification de l'article 3, paragraphe (1), point 1. de la loi du 3 août portant mise en application du règlement (CE) n° 4/2009 du 18 décembre 2008 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions et la coopération en matière d'obligations alimentaires, modifiant le Nouveau Code de procédure civile; et**

- **modification des articles 491-1 et 493-1 du Code civil**

**4969 - Proposition de loi portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de procédure civile**

**Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 6272**

► **M. Léon Gloden** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Importenz vun engem Gesetzesprojet erkennt een oft un der Zuel vun den Avisen, déi dozou geschriwwen goufen. De Gesetzesprojet 6272, deen d'Médiatioun an eise Code de procédure civile aféiert, ass esou ee Gesetzesprojet. Tëscht dem 7. Abrëll 2011, wou en déposéiert gouf, bis den 18. Januar 2012, wou d'Justizkommissioun hire Rapport gestëmmt huet, sinn eleng zwielef Avisen erakomm.

D'Médiatioun interesséiert, well d'Médiatioun eng Alternativ ass. Eng Alternativ zu där ordinärer Justizprozedur, eng Alternativ, déi et de concernéierte Parteien erlaabt, hire Sträit selwer ze regelen.

Europa huet Zäit gebraucht, fir sech mat dëser alternativer Prozedur unzefrënnen, während d'USA schonn zënter de 70er Jore Gebrauch dovunner maachen. D'Médiatioun war an éischter Linn interessant fir d'Entreprises. Si kënnen duerch dës Prozedur méi schnell an op eng konziliant Aart a Weis hir Problemer léisen. Si huet d'Garantie vun der Diskretioun, well déi duerch grouss Prozesser bedéngten Öffentlechkeet ewechfällt. Esou spueren se Zäit a Geld, ouni hirem Ruff ze schueden.

An Europa huet et bis an d'90er Jore gedauert, bis d'Médiatioun zu enger Prioritéit gouf. 1994 gouf de Réseau européen d'arbitrage et de médiation commerciale geschaf. Dunn, 1999, hunn d'Stats-a-Regierungschefen um Sommet vun Tampere decidéiert, datt Europa sollt alternativ aussergerichtlech Prozeduren an d'Liewe ruffen. D'Pacifiatioun vun de Relatiounen tëscht de Parteien, awer och d'Entlaaschte vun den ordinäre Juridictione sollen duerch d'Médiatioun gefördert ginn.

D'Europäesch Kommissioun huet 2002 e sougenannt „Gréngt Buch“ iwwert d'Médiatioun an de Konflikter an den zivilen a kommerziellen Beräicher ausgeschafft. Dëst Gréngt Buch ass den Ausgangspunkt vun der Direktiv 2008/52 vum 21. Mee 2008 iwwer gewëssen Aspekter vun der Médiatioun am zivilen an am kommerziellen Beräich.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Médiatioun och net onbekannt. Dir kennt all de Médiateur, oder vu muer un d'Médiatrice, déi zoustänneg ass, fir de Bierger hire Plainten am Zesummenhang mat den Administratiounen nozegoen. Am Beräich vun eise Strofrecht gëtt et d'Médiation pénale, déi dozou soll féieren, de Schued, deen duerch eng Strofdot entstanen ass, ze beheuen.

Den 11. Juni 2002 huet d'Madame Err eng Proposition de loi déposéiert betreffend d'Médiatioun. D'Regierung huet déi Initiativ ausdrécklech an hirem Projet de loi begréisst. De Gesetzesprojet 6272 huet eng generell Vocation, dat heescht, datt d'Médiatiounsprozedur an zivilen a kommerziellen Affären eng Assise an eise Code de procédure civile soll kréien an doduerch institutionaliséiert ginn. Nëmmen esou kann d'Médiatioun zu enger reeller Alternativ ginn.





Dése Wëlle spigelt sech virun allem am Applikationsfeld vum Gesetzesprojet erëm. D'Objektiv vum Gesetzesprojet iwwert d'Médiatioun ass duebel: Éischstens solle mer d'Direktiv an onst nationaalt Recht ëmsetzen.

Zweetens geet de Gesetzesprojet awer iwwert d'Direktiv eraus: De Gesetzesprojet applizéiert d'Médiatiounsprozedur, esou wéi se vun der Direktiv virgesinn ass, och op déi intern Prozeduren zu Lëtzebuerg, dat heescht déi Prozeduren, déi a sech net géifen an d'Applikationsfeld vun der Direktiv falen, déi jo eng grenziwwergräifend Situatioun voraussetzt.

En plus gesäit de Gesetzesprojet och d'Médiatioun am Beräich vun der Famill vir, wat eng wichteg Innovatioun vun dësem Text ass, op déi ech nach spéider wäert ze schwätze kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ass d'Médiatioun iwwerhaupt? De Gesetzesprojet an d'Direktiv definéieren d'Médiatioun als e strukturéierte Prozess, bei deem zwou oder méi Parteien versichen, fräiwëlleg an aus eegener Kraaft en Accord ze fannen, deem den Differenzen, déi tëschent dëse Parteien bestinn, en Enn setzt. Fir zu dësem Accord ze fannen, wielen d'Parteien de Médiateur, deem effikass, onparteiessch, onofhängeg a kompetent muss sinn.

Mir kennen hei zu Lëtzebuerg schonns eng ganz Partie alternativ Prozeduren, zu deenen den Arbitrage, d'Transaktioun an d'Conciliatioun gehéieren. Mä dës Prozedure sinn net mat der Médiatioun gläichzesetzen. Den Arbitrage ass sécher och eng Manéier, e Konflikt à l'amiable ze léisen doduerch, datt d'Parteien en Arbitrer nennen. Mä dësen Arbitrer sprécht herno eng Sentence arbitrale, déi, anescht wéi d'Médiatioun, e juridictionnelle Charakter huet.

Am Kader vun enger Transaktioun am Sënn vum Artikel 2044 vum Code civil mussen all Parteien zu engem Konflikt Konzessioune maachen. Fir zum Öf Schloss vun enger Transaktioun ze kommen, brauch et och, op d'mannst theoretesch, keng Drëttersperson. D'Transaktioun huet och direkt d'Force de la chose jugée.

D'Médiatioun ass dann och anescht wéi eng normal Gerichtsprozedur. Am Géigendeel zu enger Gerichtsprozedur kann d'Médiatioun nëmme mam Accord vun de Parteien déclenchéiert ginn. D'Gerichtsprozedur gëtt vun enger Partei eleng déclenchéiert. A während enger Gerichtsprozedur sinn et net d'Parteien, mä d'Riichter, déi de Prozess dirigéieren. Schlussendlech imposéiert de Richter eng Décisioun.

De Médiateur selwer huet keng Instruktiounspouwen, mä kann awer d'Parteien unhéieren. De Médiateur, am Géigendeel zum Richter, imposéiert keng Décisioun oder Solutioun. Hie leet d'Parteien, déi awer selwer zu engem Accord fanne mussen.

Här President, a wéi enge Matière kann een dann elo médiéieren? Eng Médiatioun kann am Prinzip an allen zivilen a kommerzielle Matière stattfannen. Exceptionne sinn: d'Obligatiounen an d'Rechter, iwwert déi eng Persoun net verfüge kann; Dispositiounen, déi d'ordre public sinn; oder d'Responsabilitéit vum Stat fir Doten oder Ennerloossungen, déi de Stat am Kader vun der Puissance publique gemaach huet. An deene Beräicher ka keng Médiatioun stattfannen.

Dëse Gesetzesprojet ënnerscheet tëschent zwee Typen vu Médiatioun: déi konventionell Médiatioun an d'Médiation judiciaire.

D'konventionell Médiatioun gëtt vun de Parteien selwer déclenchéiert. D'konventionell Médiatioun ass soulaang méiglech, wéi e Richter nach net iwwert deeselwechte Konflikt délibéréiert. D'konventionell Médiatioun ass also deem Typ vu Médiatioun, deem am wäitste vun der ordinärer Gerichtsprozedur ewech ass. Dat heescht awer net, datt dës Form vu Médiatioun net duerch de Gesetzesprojet kloer reglementéiert wier. Dee Gesetzesprojet schreift zum Beispill vir, wat alles an der Konvention muss stoen, déi d'Parteien zesummen ënnerschreien, fir op d'Médiatioun zrëckzegräifen. Wichteg ass och ervirzeiachen, datt bei der konventioneller Médiatioun kee Médiateur agréé muss designéiert ginn.

Doniewent féiert de Gesetzesprojet och d'Médiation judiciaire an. Dësen Typ vu Médiatioun gëtt vum Richter während engem Prozess proposéiert. D'Parteien kënnen och während engem Prozess de Richter froen, fir eng Médiatioun duerchzuféieren. Wichteg ass, datt och bei der Médiation judiciaire d'Parteien mussen d'accord sinn, fir op eng Médiatioun zrëckzegräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës zwee Typen vu Médiatioun hunn och eng Influenz op d'Wiel vum Médiateur. De Gesetzesprojet erlaabt de Parteien, soit en agréementéierte Médiateur, soit en net agréementéierte Médiateur ze wielen. Een agréementéierte Médiateur

ass eng Persoun, déi vum Justizministère agréiert gëtt, wann dës Persoun eng Partie Konditiounen erfëllt, déi vum Gesetzesprojet opgeléicht ginn. Dozou gehéiert d'Kontroll vun der Honorabilitéit, der Kompetenz, der Formation, der Onofhängegkeet an der Impartialitéit.

Wat d'Exigenz vun enger spezifischer Formation ugeet, ass vill an der Kommissioun diskutéiert ginn. Den ëmgeännerte Gesetzesprojet gesäit als Formation vir e Master an der Médiatioun, dee vun der Lëtzebuerger Uni oder engem aneren Etablissement aus der EU, deem eng ähnlech Formation ubitt, délivréiert gëtt, oder eng professionell Experienz vun dräi Joer komplettéiert duerch eng spezifesch Formation, déi an engem Règlement grand-ducal festgeluecht gëtt, oder eng equivalent Formation am Ausland.

Den Agrément gëtt gi fir eng onbestëmmten Zäit. Ech weisen och drop hin, datt de Médiateur agréé elo kee Beruff fir sech ass.

De Choix vum Médiateur hänkt vum Typ vun der Médiatioun of. Bei där konventioneller Médiatioun kann de Médiateur eng Persoun sinn, déi d'Vertraue vu béide Parteien huet. D'Parteien mussen also selwer derfir suergen, datt déi gewielte Persoun de Kritäre vun der Kompetenz, der Impartialitéit an der Onofhängegkeet entsprécht.

Bei der Médiation judiciaire mussen d'Parteien sech am Prinzip op en agréierte Médiateur eenegen, ausser et ass e Litige transfrontalier. Da kann e Médiateur non agréé designéiert ginn, well d'Direktiv dat esou virgesäit.

D'Qualitéit vum Médiateur ass essenziell, souwuel fir de Succès vun enger konventioneller Médiatioun wéi och fir dee vun enger Médiation judiciaire.

D'Fro huet sech gestallt, ob net all Médiateur misst agréiert sinn. Schlussendlech huet d'Kommissioun awer gemengt, datt et am Intérêt vun Geescht vun der Médiatioun ass, datt besonnesch am Kader vun der konventioneller Médiatioun d'Parteien selwer eng Persoun, där si vertraue kënnen, wielen. Am Fall, wou awer schonns eng gerichtlech Prozedur amgaangen ass oder wou et zum Beispill drëms geet, d'Intérète vun de Kanner ze beschützen, do mussen d'Parteien e Médiateur agréé wielen.

Ech hunn am Ufank vu menger Ried gesot, datt eng Haaptinnovation vum Gesetzesprojet d'Médiatioun am Beräich vun der Famill ass. Dat heescht am Kloertext an de Beräicher: Divorce, Séparation de corps, Trennung vu Partner, déi ënner engem Partnerschaftskontrakt liewen, Alimenter, Kontributiounen zu de Chargen vu Mariage, d'Ennerhaltspflicht vun de Kanner an d'Ausübe vun der Autorité parentale.

De Conseil de l'Europe huet 1998 eng Recommendation erausginn, an där hien d'Spezifisitéit vu Familljekonflikter unerkennt. Dës Spezifisitéit ass duerch d'Vulnerabilitéit vun de Parteien bedénkt, déi, egal wéi de Konflikt ausgeet, ëmmer vuneneen ofhänken. Den emotionale Schued, deem esou Konflikter kënnen ausléisen, ass enorm.

Et läit also op der Hand, datt eng Prozedur, déi dofir do ass, tëschent Persounen Friden ze stëften, destinéiert ass, am Beräich vun der Famill applizéiert ze ginn.

D'Médiatioun am Beräich vun der Famill ass e Prozess, deem am Idealfall zur Konstruktioun oder zur Rekonstruktioun vun de familiäre Bezéiunge soll féieren. Dëse Prozess baséiert op der Autonomie an der Responsabilitéit vun de concernéierte Persounen a gëtt vun engem Médiateur gefouert, dee mathëlleft, de familiäre Konflikt ze géieren.

D'Médiatioun am Beräich vun der Famill ass méi wéi einfach nëmmen eng Alternativ zu anere Prozeduren. Et geet drëms, eng sozial a sentimental Bindung ze schafen oder ze flécken. Dës spezifesch Roll erfuerdert, datt d'Médiatioun am Beräich vun der Famill speziell encadréiert muss ginn. De Gesetzesprojet gesäit dofir vir, datt d'Médiatioun an deem Beräich nëmme vun engem agréementéierte Médiateur kann duerchgefouert ginn. Et ass och nëmmen e Richter, deem dësen Typ vu Médiatioun kann de Parteien proposéieren. Opgrond vun dësen Elementer gehéiert d'Médiatioun am Beräich vun der Famill zu der Médiation judiciaire.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt also, datt d'Médiatioun, och wa se um fräie Wëlle vun de Parteien berout, nach laang net onkontrolléiert iwwert d'Bühn geet an datt och de Richter an déi sougenannten ordinär Justizprozedur nach e gewëssenen Impact op d'Médiatioun hunn. Dat gëllt an éischter Linn fir d'Médiation judiciaire oder fir d'Médiation familiale, wou de Richter selwer d'Médiatioun proposéiert. Dat gëllt awer och fir d'Médiation générale, also och fir d'Médiation conventionnelle.

De Richter kann nämlech den Accord, deem aus der Médiatiounsprozedur ervirgeet, homologéieren. Duerch d'Homologatioun kontrolléiert de Richter ënner anerem, ob den Accord net géint den Ordre public verstéisst, ob d'Intérète vun de Kanner garantéiert sinn, ob de Konflikt iwwerhaupt kann duerch d'Médiatioun geléist ginn.

D'Homologatioun ass ee vun de wichtege Punkte vun dësem Gesetzesprojet, well doduercher den Accord, deem aus der Médiatioun ervirgeet, vun engem vun de wichtigsten Elementer vun engem Urteil profitéiere kann: dem Caractère exécutoire.

D'Médiatioun ass also sécherlech eng Alternativ zu den ordinäre Prozeduren. Si ass awer och gläichzäiteg an d'Justizprozedur agebonnen a kann also duerch als hybrid, semiobligatoresch Prozedur bezechent ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mer sécher, datt mer duerch de Vote vum Gesetzesprojet ee Plus u Flexibilitéit, e Plus u Gerechtegkeet kréien. En Accord, zu deem zwou Parteien selwer fannen, ass nach ëmmer besser wéi eng Décisioun, déi engem opgezwoonge gëtt. E Konflikt, deem à l'amiable geléist gëtt, hannerléisst net de batteren Nöschmaach vun engem Prozess, dee verluer gëtt. Eng Famill, déi duerch d'Médiatioun erëm zesummeffent oder déi et fäerdegrëngt, am géigesäitege Respekt an am Intérêt vun de Kanner en Accord ze fannen, ass besser wéi eng Trennung am Sträit.

Här President, zum Schluss hu mer un dëse Projet ee klengen „cavalier législatif“, wéi de Statsrot dat nennt, ugehaangen, wou mer eng Erreuer matérielle am Gesetz vum 3. August 2011 verbesseren an och eng kleng Modifikatioun vun den Artikelen 491-1 a 493-1 vum Code civil maachen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Léon Gloden. D'Wuert huet elo als Auteurs vun der Proposition de loi déi honorel Madame Lydie Err. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

#### Présentation de la proposition de loi 4969

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.**- Merci, Här President. Et ass net einfach, no engem Rapporteur, dee scho bal alles gesot huet, als Zweet hei op d'Tribün ze klammen. Ech probéieren dann elo, déi Saachen erauszehuelen, déi scho gesot sinn, fir hei d'Assistenz net muttwëlles ze langweilen.

Fir unzefänken - an de Rapporteur huet et scho gesot: D'Médiatioun ass eppes, wat eng ganz prezis Definitioun huet. Mä trotzdem ass et - an dat muss och gesot ginn - e Begrëff, deem hutt an har gebraucht gëtt an engem Kontext, deem net onbedéngt dee richtigen ass. Et ass vläicht eng Hëllef, fir ze wëssen, dass d'Médiatioun net vun „Meditatioun“ kënnt an och net vun „Media“, mä dass et vun „Medium“ kënnt, dat heescht vun der Mëtt. An der Mëtt zwësche Leit ze setzen, dat ass d'Funktioen vu Médiateur.

Fir déi eng, d'Unhänger vun der Médiatioun, ass d'Médiatioun eng Panacée, en Allheilmittel fir alles, wat an enger Gesellschaft net geet. Fir déi aner ass et en Ersatz vum Gericht, eng bëlle Justiz oder eventuell e Moyen, dee manner kascht wéi d'Justiz, fir awer gläichzäiteg eis Gerichter ze entlaaschten. Am Kloertext: Fir déi eng ass et alles, a fir déi aner ass et am Fong e Begrëff, deem instrumentalisiert gëtt, fir op anere Pläng den Institutiounen weiderzuhelfen.

Fir mech selwer ass d'Médiatioun weder eng Panacée nach därer se instrumentalisiert ginn. D'Médiatioun war fir mech perséinlech a mengem Liewen eng Révélatioun, dat heescht eng aner Manéier, fir u Streidegkeeten erunzegoen an de Leit eng Hand unzepaken, fir mat Hëllef vun engem onofhängegen Drëtter selwer zu enger Léisung ze komme vun engem Problem, vun deem si d'Experte sinn, an net deem Drëtten.

Wann d'Leit bei de Richter ginn, ass ëmmer hien deem, deem alles weess, dee weess, wéi d'Saachen, wéi d'Prozedur geet, dee weess, wéi ähnlech Fäll statuéiert ginn. Hien ass deem, dee weess, wéi et ze goen huet, mä en fait sinn et d'Leit, déi de Problem hunn an déi mam Problem a mat der Léisung, déi hinne virgeschloe gëtt, mussen liewen.

Duerfir fannen ech, dass d'Médiatioun en emanzipatoresch Konzept ass, well en d'Leit mat erabréngt an déi Problemer, déi si sech selwer jo meeschendeels och mat gebaut hunn, fir selwer e Wee ze fannen, dee fir si akzeptabel ass an deem doduercher och, dass en akzeptéiert ass, zu manner Exekutiounsproblemer féiert, wéi dat ganz oft bei engem Urteil de Fall ass.

En Urteil gëtt vun uewen erof vum Richter en droit geschwat. Et gëtt awer vun de Leit net

nëmme als eng rechtlech Léisung ugekuckt, d'Leit erwaarde sech vun engem Gerichtsurteil d'Léisung vun deene Problemer, déi de Problem fir si mat sech bruecht huet. Or, ass e Problem en droit eppes aneschters wéi e Problem en fait.

En einfach Beispill ass dat, dass, wann e Richter zum Beispill en Nopeschsträit oder en Aarbechtsverhältnis oder eng Scheedung schwätzt, da gëtt en eng Léisung en droit. De Richter léist de Problem en droit, mä dee ganzen anere Volet vun de Konflikter, deem dorunnerhängt, wéi zum Beispill déi perséinlech Relatiounen, déi sinn net mat toiséiert duerch en Urteil. Au contraire ass et esou, dass en Urteil, wat censéiert ass, e Problem ze léisen, an der Ausföerung oder an der Essenz fir d'Leit en zousätzleche Problem ass.

Oder stellt Dir Iech vir, dass, wann Nopere 20, 30 Joer laang e Sträit hunn an da kënnt eng Affär an da gëtt en Urteil gesprach, wou deem ee gewënnt an deem anere verléiert, mengt Dir wierklech, dass dat e Prozess ass, deem an de Relatiounen zwëschen de Leit eppes verbessert? Neen!

Zwëschen de Leit ännert sech nëmme eppes, wa si sech selwer zesummesetzen - a wa se dat eleng net kënnen, mat Hëllef vun engem aneren -, fir iwwert déi verschidden Aspekter vum Problem ze schwätzen, virun allem, Kollegen an Kollegen, net fir ze wëssen, wat de Problem ass, vun deem geschwat gëtt, mä fir erauszefannen, wat den Ursprung vun deem Problem ass.

Ech kann Iech just aus enger Erfahrung soe vun engem Nopeschsträit, wou et theoretesch gaangen ass ëm Planzen, déi ze vill wäit eriwverhänken, ëm Schnéi, deem net propper gekiert gëtt, ëm en Auto, deem ëmmer virun der Dier virun deem anere geparkt gëtt, et cetera. Dat war also eng Geschicht mat schonn dräi Affären um Gericht, bis op eemol duerch Gespräch a Fuerschung an der Realitéit, an den Emotiounen, an den Intérèten an an de Besoinen vun de Leit erausfonnt ginn ass, dass dat ganz gutt Frënn waren am Ufank vun der Relatioun, dass een deem aneren ausgehollef huet, bis op eemol een deem aneren eng Rechnung geschriwwen huet. An du war et eriwwer mat der Frëndschaft.

#### (Hilarité)

Wéi dee sech exploitéiert gespuert huet, du war all Prétexte gutt, fir déi Rivalitéit, fir déi Onzufriedenheet iwwert d'Relatioun auszedroen.

Duerfir, mengen ech, ass d'Médiatioun eppes Preziöses, fir net nëmme vun deem ze schwätzen, wat de Problem ass, mä vun deem ze schwätzen, wat fir d'Leit de Problem ausmécht, wou e genee hierkennt, an och dann, fir en ze léisen op eng Aart a Weis, mat där si da besser liewe kënnen wéi mat enger Solutioun, déi just seet: En droit ass et esou oder aneschters.

Et ass also esou, dass eng wichteg Importenz an der Médiatioun deem Drëtten zoukënnt. An de Virriedner huet dat hei gesot: deem Drëtten, dem Médiateur, deem impartial an indépendant muss sinn. Indépendant, dat heescht, en därer net vun enger Autoritéit ofhänken, déi en Intérêt huet, dass de Service esou funktionéiert, dass eng Médiatioun net ze laang dauert, net ze laang kascht, dass all Médiateur der esou vill mécht, oder esou.

Et därer keen Drock sinn an der Zäit, an de Mëttelen. Et därer keen Drock sinn an der Aflossnahm, fir dass eben dee Caractère ternaire, deem essenziell bei der Médiatioun ass, muss respektéiert ginn. Dat ass d'Indépendance, déi mir mengen. Et ass net, wann een zoufälleg ee vun deenen zwee kennt, dass automatesch déi Indépendance do a Fro gestallt wier, mä et geet awer och net duer, dass et eng Indépendance officielle gëtt, mä et muss och d'Apparenze vun der Indépendance hunn.

Et geet also net duer, dass een ausgesäit, wéi wann een indépendant an impartial wier. Et muss een och no baussen hin esou wierken. Wann dat net de Fall ass, dann ass dee Médiateur an engem spezielle Fall net dee richtigen.

Wat mécht de Médiateur? Seng Missioun ass en fait, fir Leit, déi Kommunikatiounsschwierigkeiten hunn an doduercher am Fong keng Léisung vun hirem Problem fannen, duerch e strukturéiert Gespräch derzou ze bréngen, eierlech ze schwätzen, nozelauschten, wat deem anere seet, ze probéieren, sech heiansdo an deem anere seng Haut ze setzen, fir deem säi Point de vue weinstens emol ze verstoen, an duerno zesummen ze probéieren, wann de Problem kloer definéiert ass, wat d'Intérèten an d'Besoinen vun deenen zwee Leit sinn, fir dass si





selwer op Iddië kommen, wéi si hire Problem kënne léisen.

Esou gëtt et ënner Médiateuren eng Formule, déi dat am Fong geholl op e schéinen Nenner bréngt an déi seet: «La médiation remplace le prêt-à-porter judiciaire par du sur-mesure.» Dat kann een natierlech och esou formuléieren. Jiddefalls ass richtig, dass, wann d'Leit selwer kënnen décidéieren, wat fir si akzeptabel ass oder net, dass dat heiansdo ganz aner Saache sinn, wéi déi op engem Geriicht géife gestallt ginn.

D'Formation vum Médiateur ass ugeschwat ginn - si ass wichtig! D'Formation ass «un processus structuré», sot de Rapporteur eis an dem Rapport; eng Conversation structurée, dat ass eppes, wat sech léiert. Duerfir ass et wichtig, dass d'Médiateuren net nëmmen eng Profession de base par ailleurs hunn, eng Berufserfahrung, soit als Educateur, soit als Affekot, soit als soss eng Professiou, mä se mussen derbäi eng Formation an der Médiation selwer kréien, fir eben eng Konversatioun, déi schwieereg ass, ze strukturéieren a pas à pas weiderkommen, fir d'Leit dozou ze bréngen, Propositionen ze maachen.

An dat ass dat praktescht Resultat dovunner: Wéi si sech kéinte virstellen, wat fir eng Konzessioune si kéinte maachen, kucken, ob deen anere se akzeptéiert, dann deem anere seng Besoinen héieren, se eventuell unhuelen oder se ofänneren, a wann et dann zu engem Accord kënnt mat der Hëllef vun deem onofhängegen Drëtten, deen Accord festhalen, deen dann - an dat ass wichtig - natierlech net de Wäert vun engem Uertel huet, deen huet de Wäert wéi e Kontrakt: «la valeur de la chose convenue».

Dat kann awer, wann d'Leit dat wëllen, wa se gären eng Formule exécutoire op hiren Arrangement hätten, iwwert d'Homologation op e Geriicht goen, an de Riichter kuckt dann am Fong just, ier den Accord homologéiert gëtt - net, ob dat gutt ass oder net, wat d'Leit gemaach hunn -, mä ob et konform zum Droit ass an ob et net contraire zum Ordre public ass. Dat ass d'Mission vum Riichter an engem Accord. Et ass also net, ze kucken, ob d'Leit elo richtig oder falsch sinn, just ze kucken: Si mer conforme au droit an net contraire à l'ordre public?

Et ass also keng Konkurrenz zu enger Judiciarisation vun engem Problem, et ass eng Voie parallèle, déi net concurrentiel ass, mä déi complémentaire ass. All Mënsch kann deen een oder deen anere Wee sech eraussichen.

Eng grouss Differenz - an ech komme ganz kuerz nach dorobber zréck -, dat ass, dass, wa bis d'Geriicht befaasst ass, ass de Riichter net méi fräi, déi Affär do weiderzemaachen oder net. Bei der Médiation ass et esou, dass net nëmmen d'Leit selwer, mä och de Médiateur all Moment kann décidéieren - wann en d'Gefill huet, seng Aarbecht géif net virukommen, wann en d'Gefill huet, e wier net méi impartial, wann en d'Gefill huet, ee vun deenen zwee, déi um Dësch setzen, dee wëllt guer net zu enger Léisung kommen -, all Moment bis d'Affär ganz eriwwer ass kann an der Médiation opgehale ginn. Och dat ass eng vun den Differenzen.

E groussen Avantage ass bei der Médiation, dass se confidentiel ass. Dat heescht, alles... An dat mussen d'Leit ënnerschreiwen, wa se erklärt kritt hunn, wat d'Médiation ass. Si mussen ënnerschreiwen, dass dat, wat am Kader vun der Médiation gesot gëtt, net no bause kënnt. Et geet drëms, dass d'Leit sech méi opmaache wéi op engem Geriicht, well se net musse fäerten, dass alles, wat se soen, eventuell kéint géint se gebraucht ginn.

Et ass och esou, dass näischt, wat an der Médiation gesot gëtt, herno iwwer eng Zeienausso vum Médiateur oder eng Pièce, déi an der Médiation entstanen ass, op engem Geriicht kéint verséiert ginn, well kloer ass, dass och no enger Médiation d'Leit d'Méiglechkeet vun engem Tribunal bäibehalen. Si verléieren also net e Recht, si verléiere kee Recht, si kréien am Fong eng aner Méiglechkeet derbäi, fir ze probéieren, Problemer, déi se hunn, ze léisen.

Déi grouss Differenz zwäsch den Médiation an dem Riichter ass, dass de Riichter de Pouvoir huet, ze décidéieren fir d'Leit, wat fir si richtig ass, wat conforme au droit ass. De Médiateur huet kee Pouvoir, weder e Pouvoir d'instruction, nach e Pouvoir de décision, en ass just responsabel vum Prozess, deen e studéiert huet an deen e muss op en Enn bréngen an de Formen, wéi se virgesi sinn. D'Differenz ass natierlech enorm, well d'Latitude vun de Leit an der Médiation ass total: Et kann hinnen näischt imposéiert ginn, wat deen een, deen aneren oder déi zwee net wëllen, an all Moment vun der

Prozedur kann deen een oder deen aneren ophalen. Esou wäit zur Definition.

Wat sinn d'Effete vun der Médiation? Net nëmmen ass den Effet, dass d'Leit kënne Léisunge fannen, déi hinne méi entspreche wéi déi, déi se um Tribunal kéinte kréien, mä se iwwerhuelen och an der Médiation eng Eegeverantwortung! Amplaz engem Affekot oder enger Assurance hire Problem ze delegéieren a sech net méi drëms ze këmmere, musse se sech hei selwer dran amëschen a kucken, op e grëngen Zweig ze kommen, wéi een op Lëtzebuergerse seet. Dat heescht och, dass se musse léieren, och mat Leit, mat deene se e Konflikt hunn, am Respekt ëmzegoen, nozelauschteren, net aggressiv ze ginn an ze kucken eben, ob eng Léisung méiglech ass.

Et ass méi schnell wéi eng Prozedur um Geriicht an och méi bëlleg, duerch déiselwecht Ursachen. An et ass méi wéi eng Léisung en droit. Déi emotional Aspekter vun enger Relatioun, déi ginn hei mat beschwat, mat geléist, an dat bréngt am Fong mat sech, dass d'Leit am Prinzip duerno musse besser eens gi mat deem, dee se souwisou an hirem Liewen net kënne évitéieren: en Noper, en Expartner, mat deem ee Kanner huet, oder e Patron beispillsweis.

Och d'Zefriddenheet vun de Leit iwwer eng Médiation ass méi grouss - dat geet eraus aus alle Sondagen am Ausland - wéi bei engem Uerteel, wat och normal ass, well d'Uerteel gëtt gesprach an d'Léisung an der Médiation, déi gëtt vun de Leit selwer fonnt. Et ass och do d'uerjer, dass d'Exekution vun engem Médiationsaccord méi einfach ass a manner Sue kascht wéi dat de Fall ass bei engem Gerichtsuerdeel.

Mäi Virriedner huet schonn erklärt - an ech ka mer dat also spueren -, wat d'Differenze sinn zwäsch den Médiation an anere MARCen. MARC, dat ass ofgekierzt „méthodes alternatives de résolution de conflits“ oder „de résolution de différends“. Zwäsch den Arbitrage, der Négociation, der Transaktion an der Médiation gëtt et substanziiell Ënnerscheeder. Et gëtt zwar an all deene Fäll meeschtens en Drëtten, mä souguer wann et en Drëtten gëtt, wéi an der Conciliation, ass säi Rôle net deeselwechten. Eng Conciliation, a mir wësse jo och aus dem öffentleche Liewen, dass dat en Term ass, deen oft gebraucht gëtt, gëtt deem Drëtten, deen do diskutéiert, méi Pouvoir de suggestion, dee kann eng Instruktioun maachen, dee ka selwer Investigatiounen maachen, Propositionen maachen. All dat ass an der Médiation net wichtig.

Médiation a Justiz ass am Fong dat, wat am ofteste schlecht verstane gëtt, well déi zwee interaktiv sinn an trotzdeem aneschtens. Et ass also kloer, dass ee muss oppassen, dass d'Differenzen zwäsch den deenen zwou Resolutions-, Problemresolutionsmethoden absolut kloer sinn. Ech denken, dass ech dat meescht schonn dozou gesot hunn.

Vläicht nach ee Wuert zur Prozedur. Wann een op d'Geriicht geet, ass d'Prozedur oft e groussen Handicap, deen d'Leit net verstinn, well déi Saachen, déi Affären, déi ginn no engem gewëssene Ritual, dee ganz spezifesch virgeschriwwen ass, iwwert d'Bühn, a wann een e Prozedurfeeler mécht, da kann d'Affär verluer sinn, och wann de Fong ze gewanne war. De Processus, deen an der Médiation ass, ass am Fong just eng Method fir ze schaffen, an et kann een net duerch e Feeler an der Prozedur oder am Processus säi Prozess verléieren.

D'Médiation ass ëmmer - an de Virriedner huet dat och gesot - volontaire. Et ka keen zu enger Médiation forcéiert ginn! Et kann een eng proposéiert kréien, eng proposéieren, de Riichter kann eng suggéieren, mä et gëtt näischt draus, wann d'Leit net alleguerten d'accord sinn. Dat, mengen ech, ass eng ganz wichtig Saach, an duerfir mengen ech och ze soen, dass dat Gesetz, wat elo um Dësch läit, wierklech e Gesetz ass, wat iwwert d'Direktiv erausgeet an déi richteg Richtung, dat heescht, alle Leit d'Méiglechkeet gëtt, a gewëssene Matière um gudden Wee ze probéieren eens ze ginn, fir am Fall, wou et net géif goen, awer kënne op den Tribunal zréckzekommen.

De Médiateur huet eng speziell Mission, ech hunn et gesot: de Processus. Dat heescht, e muss probéieren fir d'Éischt ze erklären, wa sech probéieren fir d'Éischt ze erklären, wat d'Médiation ass, ze verstoen, wat de Konflikt ass, proposéieren, also versichen erauszefannen, wat déi wierklech Ursach vum Konflikt ass, fir dass d'Leit selwer dozou kommen, hir Solutioun ze sichen, déi dann - an dat ass en Avantage vum Gesetz, well och elo kann et Médiation ginn - iwwert de Wee vum Geriicht kann homologéiert ginn. Dee Moment, wou se homologéiert ass, huet se déiselwecht Valeur wéi e Jugement, an dee Moment ass et kloer, dass an deem Gesetz musse Saache stoen, wéi déi Prozeduren iwwert d'Geriicht ginn, fir dass dee Prozess ka reibungslos vun enger Médiation eriwvergoen an de Caractère judiciaire.

E gutt Gesetz - de Champ d'application ass erklärt ginn, wou e puer Problemer, wou e puer Froen a mengen Aen nach net kloer sinn, an ech wollt am Fong zum Schluss ganz kuerz dorobber agoen.

De Rapporteur huet gesot, mir brauchen en Agrément. D'Konditiounen vum Agrément, wéi een dee kritt, déi stinn am Gesetz, och d'Formation, d'Honorabilitéit an esou weider. Wat net am Gesetz steet, dat ass am Fong d'Natur oder d'Ziel vun der Ausbildung, déi e Médiateur, wann e kee Master huet, iwwer seng Formation de base eraus muss hunn. Dat ass fir mech perséinlech e Problem, well d'Qualitéit vun der Médiation häng of net vum Fait, wéi gutt e Gesetz ass, mä wéi gutt de Médiateur ass, deen op d'Leit lassgelooss gëtt.

Duerfir mengen ech, dass et interessant wier - an de Minister huet säin Accord an der Kommission mëndlech ginn -, fir sech un deem ze inspiréieren, wat an der ALMA, der Association luxembourgeoise des médiateurs agréés, festgehalten ass. Fir den Agrément an där Association zu kréien, muss een 150 Stonne Formation théorique a pratique hunn. A wann ee se net huet am Ufank, da kann ee se an enger gewëssener Zäit, nodeems een ugefaangen huet ze schaffen, nomaachen. Well, wann d'Leit keng Formation fäerdig hunn, kéinte se jo soss ni ufänken ze schaffen. Ech mengen, dass dat déi Manéier ass, fir virzegoen. An ech hoffen, dass de Minister sech un déi Kritären hält, déi op engem anere Gebitt, wou nëmmen agréiert Médiateur schaffen, schonn existéieren.

E klunge Regret ass, dass de Retrait vum Agrément zwar virgesinn ass, mä dass et am Fong schwiereng ass sech virzustellen, wéi de Minister virgeet, wann en net regelméisseg Kontrolle mécht vun der Praxis, fir ze wëssen, ob ee Médiateur schafft wéi e soll schaffen, oder net. Ech mengen, dass et wichtig gewiescht wier, dass deen Agrément wierklech nëmmen op Zäit gi wier, amplaz, wéi et elo am Gesetz steet, à durée indéterminée, op Suggestioun vum Statsrot hinn. Well, wann en ëmmer muss erneiert ginn, wier dat automatesch d'Geleeënheet gewiescht, dass de Minister ka kucken, ob net nëmmen d'Formation stëmmt an déi aner Konditiounen, mä och, ob d'Praxis stëmmt.

► **M. le Président.** - Madame Err, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.** - Deen zweete Problem ass...

(Interruptions diverses)

...meng Partei huet...

(Interruptions et hilarité)

► **M. le Président.** - Dir kritt also da kee Crémant, Här Minister.

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.** - Theoretisch kéint ech jo erëmkommen. Dat maachen ech awer net.

► **M. le Président.** - Neen, et ass an der Rei, Madame Err. Ech wollt lech just soen..., ech hu jo gesot „lues“.

(Hilarité)

Dir hutt jo bis elo..., véier Minutten hunn ech lech scho ginn. Dann huet der nach zwou, dräi. Mä ech wollt lech awer soen, iergendwéi eng kéier musse mer awer och de Mëttag an der Diskussioun virukommen.

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.** - Merci, Här President. Ech maachen dann elo e bësse méi séier.

Den Haaptproblem ass d'Formation. Deen zweete Problem, deen ass, dass de Retrait..., dass den Agrément, deen ausgedeelt gëtt, net limitéiert ass an der Zäit. Deen drëtten Problem ass deen, dass den Avis vun der Chambre des Notaires seet, dat wier eng ganz interessant Saach och fir Notairen, mä dass an deem Kontext kee Wuert vu Formation ass. Et ass gutt, wann d'Notairen - an dat ass fir d'Leit och gutt -, wann d'Notaire mat médiativen Approchen un d'Problemer eruginn. Mä dat kënne se nëmme maachen, wa se, en tant que tel, d'Konditiounen vum Médiateur erfüllen. An ech weess, dass ech mat der Madame Doerner hei e Kollaborateur, en Transmissiounsagent hunn, fir dat weiderzeginn un d'Chambre des Notaires.

Dee leschte Problem - och ee wichtige Problem - ass deen, dass d'Direktiv, déi gutt transposéiert ass a méi wäit transposéiert ass wéi dat, wat se hätt missen, am Fong net duergeet, wat d'Qualitéit vun der Médiation ubelaangt, mä och, wat de Code de bonne conduite ubelaangt, de Mécanisme de contrôle an d'Efficace de contrôle et de qualité iwwert d'Servicer selwer vun der Formation.

Ech denken duerfir, dass et wichtig ass, dass déi Méiglechkeet vun engem Retrait vum Agrément dem Minister dozou dënge wäert, fir ze kucken, automatesch, no enger gewëssener Zäit vun der Praxis, ob déi Praxis stëmmt, a vu

dass en dat net selwer ka maachen, dass e sech muss iwwerleeën, wat fir een Organisme en do wëllt schafe vu Médiateuren, déi wierklech an der Praxis schaffen, fir déi ze froen, fir d'Praxis vun anere Leit ze observéieren, ze superviséieren a fir dann, wann d'Qualitéit vun der Médiation net stëmmt, beim Minister ze intervenéieren, fir dass deen iwwert den Agrément kann eng Kontroll vun der Praxis maachen. Well dat ass deen eenzegen Unhaltspunkt, deen en dozou huet.

Dat war et fir elo, Här President.

Hei huet ee säi Bic leie gelooss.

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Merci der Madame Auteure vun der Proposition de loi, der honorabeler Madame Err. An als éischte Riedner ass elo den honorablen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Fir d'Éischt wëllt ech gären dem Rapporteur vun deem Gesetzesprojet, dem Léon Gloden, villmools Merci soe fir säi gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport, well hien huet, geneesou wéi d'Madame Err elo, ganz kloer an däitlech hei erklärt, wat d'Médiation ass - dat ass jo e komplex Thema - a wéi mer dat och wäerten an eist Recht aschreiwen, aféiere mat deem Gesetzesprojet.

Dofir wëllt ech mech gären, vu datt all déi juristesche Detailer jo schonn erklärt gi sinn, drop limitéieren, fir eng kéier ze kucke kuerz, wéi d'Médiation sech am Laf vun der Zäit entwéckelt huet, also deemno e klengen historesche Réckbléck eng kéier maache vun der Médiation. An do ass fir d'Éischt emol kloer ze soen, datt Konflikter, dat gëtt et esou laang wéi et d'Mënsche gëtt, an dofir ass et och normal, datt esou laang, wéi dat schonn existéiert, och versicht gëtt, déi Konflikter ze léisen.

Do gëtt et verschidden Aart a Weisen: Institutionell gesinn ebe viru Geriicht, mä et gëtt awer och schonn zënter enger Rei vu Jore Beméiungen, fir aussergerichtlech eben och zu Konfliktléisungen ze kommen. An dowéinst ass et och net ganz einfach, fir festzeleeën, wéi sech da genee d'Médiation am Laf vun de Joréngten entwéckelt huet.

Wat ee just mat enger gewëssener Sécherheet ka soen, ass, datt d'Médiation e relativ rezent Phenomeen ass, dat heescht, jiddefalls d'Médiation, esou wéi mir se haut verstinn, dat heescht - nach eng kéier déi Definition, ech hoffen, datt ech se elo hei richtig erëmginn - eng fräiwëlleg Démarche, fir mat Hëllef vun enger drëtter, neutraler, onofhängeger an onbefeangener Persoun ee Konflikt téschent zwou oder méi Parteien ze léisen.

Et ass also u sech eng Method, déi mer eréischt zënter dem 20. Jorhonnert wierklech kennen ënnert där Form, wéi mer se haut hei wëllen och aféieren. Bon, eng vun deenen éischten, awer méi fräie Formen dovunner, déi ass schonn entstanen an den 30er a 40er Joren an de Vereenegte Staten, wou et zu engem gewëssene Moment zu grouse Konflikter téschent Patronat an Aarbechter komm ass. An duerno huet sech dat dunn do och weiderentwéckelt.

De Rapporteur hat schonn eng kéier d'Bemierkung gemaach: An de 70er Joren hunn du virun allem och d'Betribler ugefaangen, déi Form vu Médiation an Amerika ze benotzen, well et fir si méi séier gaangen ass, wéi viru Geriicht ze goen, wou ganz laang Affäre waren, a virun allem wou et och extrem deier fir si ginn ass. Dofir hu se ugefaangen, dat aussergerichtlech téschent sech an och an der Relatioun mat hire Clienten ze sichen an ze maachen.

An den 80er Joren dunn ass déi Médiation och um universitären Niveau an Amerika ugefaange ginn ze erfueren, an du sinn do och Programmer, Methoden entwéckelt ginn, fir dat nach ze verfeinere. An et ass och ugefaange ginn, dat op aner Beräicher auszudehnen, wéi zum Beispill op dee familiären Domän.

No an no ass dat dann och an Europa ëmmer méi zu engem Trend ginn. Och wa mir schonn zënter enger gewëssener Zäit esou Formen kenne vun alternative Léisungsmethoden, dauert et allerdéngs e bësse méi laang, bis an d'90er Joren eran, fir datt mir och déi handelsrechtlech an dunn déi allgemeng zivilrechtlech Médiation richtig entwéckelen.

Et huet domadder ugefaangen, kann ee soen, 1994, wéi een europäesche Réseau geschaf ginn ass, deen déi handelsrechtlech Médiation ubitt an ënnerstëtzt, an esou ass ee Réseau geschaf ginn, den REAM. An dee Réseau, dee gëtt et och nach haut, dee gëtt et haapt-sächlech eben a Frankräich, an Italien, a Spuenien an am Vereenegte Kinnekräich.

A Frankräich, wa mer kucken eng kéier ron derëm an eise Nopeschlänner, dann ass Frank-





räich dat éischt Land, wat 1995 schonn déi zivil- an déi handelsrechtlech Médiatioun a sengem Zivilcode geschriwwen huet mat engem Gesetz. An der Belsch ass et 2001 zu engem éischte Médiatiounsgesetz komm, an zwar iwwert déi familiär Médiatioun. An dunn ass 2005 en neit Gesetz gestëmmt ginn, wat déi Médiatioun quasi op all rechtlech Domänen ausweit. An Däitschland, do ass et bis elo nach net op Bundesniveau zu engem Médiatiounsgesetz komm - si sinn amgaangen, dorunner ze schaffen, vu datt mer jo mussen déi Direktiv an all de Memberstaten ëmsetzen -, mä et gëtt awer schonn a verschiddene Bundeslänner zënter enger Zäitche Forme vu gerichtshoer Médiatioun, wéi zum Beispill an Niedersachsen oder an Nordrhein-Westfalen.

Um europäeschen Niveau dann, vun den Europäesche Gemeinschaften, do ass et och eréischt zënter Enn vun den 90er Joren, wou mer aktiv gi sinn an der Médiatioun. Fir d'Éischt war dat de Conseil de l'Europe, deem 1998 eng Recommandatioun iwwert d'Familljemédiatioun an 2002 eng iwwert déi zivil Médiatioun gemaach huet, a parallell dozou ass och ugefaange ginn an den europäeschen Institutiounen.

D'Europäesch Kommissioun huet nämlech 1998 an 2001 eng Recommendation erausginn iwwert d'Léisung vun aussergerichtleche Consummationskonflikter. Doriwwer aus ass 2002 e Gréngt Buch erauskomm iwwer alternativ Konfliktléisungen am Beräich vum Zivil- an Handelsrecht. 2004 koum en europäesche Code de conduite fir Médiateuren eraus, an dunn eben 2008 och déi Direktiv vum Europäesche Rot an dem Europäesche Parlament iwwert d'Aféierung an den EU-Memberstate vun der zivil- an der handelsrechtlecher Médiatioun.

Déi Direktiv vun 2008, déi jo haut och mat dem Gesetzesprojet soll a Lëtzebuergesch Recht ëmgesat ginn, déi geet zréck op eng Initiativ vun Europäesche Rot, deem 1999 a Finnland zu Tampere d'EU-Memberstaten agelueden huet, fir aussergerichtlech Méiglechkeeten, fir Konflikter ze léisen, ze schafen, an deen och deemools der EU-Kommissioun d'Mandat ginn huet, fir an deem Sënn eng Direktiv auszeschaffen.

Dat Ganzt stäipt sech op ee fundamentale Prinzip vun der Europäescher Gemeinschaft, an zwar deen, datt all europäesche Bierger soll Accès hunn zu der Justiz, ee Recht, dat explizit am Artikel 6 vun der Europäescher Mënschenrechtskonvention steet. An ee Recht, dat mer elo mat deem Gesetzesprojet jo och versichen, de Lëtzebuergesche Bierger ze garantéieren, well bis dato ass et hei zu Lëtzebuerg nach net esou generell zivilrechtlech an handelsrechtlech Médiatioun ginn. Déi féiere mer mat deem Gesetz hei an.

Mä trotzdem gëtt et awer och schonn, wéi an deenen anere Länner, zënter enger Rei Jore Forme vu Médiatioun, wann een zum Beispill un déi administrativ Médiatioun denkt mat dem Ombudsmann, oder aner Beräicher, wou et en Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand gëtt oder ee Centre de médiation socio-familiale oder de Centre de Médiation du Barreau de Luxembourg, fir nëmmen déi heiten ze nennen, och wann dat sou wéi anerer jo Forme sinn, mä et ass nëmme fir ze weisen, datt et awer och scho Virleifer hei ginn ass.

Op jidde Fall weist dee klengen historesche Résumé hei, deen ech probéiert hunn ze maache vun der Genèse vun der Médiatioun, datt d'Médiatioun zwar e ganz rezente Phänomeen ass, mä datt et awer schonn eng Zäit laang esou Forme vun alternativer Konfliktléisung aussergerichtlech gëtt an der Welt.

Et ass awer op jidde Fall net einfach, fir dat ze definéieren. Et war net einfach, fir dat ze definéieren, vu datt sech d'Médiatioun jo awer och gestäipt huet oder sech entwéckelt huet aus anere Forme vu Konfliktléisung, wéi virdrun och d'Madame Err scho gesot hat, wéi zum Beispill d'Négociation oder d'Conciliation. Och wann dat erëm aner Elementer ëmfaasst, mä si stäipt sech awer dorop. Dofir ass et net evident, fir do eng prezis Definitioin ze fannen oder fonnt ze hunn, déi mer awer elo kloer definéiert hunn an deem Projet de loi.

E Projet de loi, deem mer selbstverständlech als Fraktioun zoustëmme wäerten. Mir wäerten also domadder net nëmmen d'Médiatioun an eise legislative Kader hei zu Lëtzebuerg aschreien, mä domadder och ee klengt Stéck Geschicht vun der Médiatioun schreien.

An zu gudder Lescht awer - an dat hat d'Madame Err och eng Kéier kuerz ugeschwat, an dorop wëllt ech eng Kéier hiweisen - weise mer mat deem Gesetzesprojet, datt mer och méi wéi just nëmmen d'Direktiv ëmsetzen. An zwar beschränkt sech jo d'Médiatioun net, wéi an der Direktiv virgesinn, just op déi Konflikter, déi grenziwwerschreidend sinn, mä erstreckt sech eben och op déi intern Konflikter am Zivil- an Handelsrecht, an net ze vergiessen och am

Familiären, also am Beräich vun der Famili. Ee Schrëtt, dee mer do jo nëmme kënnen begreifen!

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech ginn domadder den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Wilmes Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Polfer agedroen. Madame Polfer, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Merci, Här President. Ech wëllt fir d'Alleréischst dem Rapporteur, dem Här Gloden, ganz häerzlech Merci soe fir säin ausféierleche Bericht, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen, an awer och ganz besonnesch mech un d'Madame Err wenen an hir Merci soen. Ech mengen, et ass e glécklechen Zoufall, datt haut - wahrscheinlech déi leschte Kéier, Madame Err, wou Der hei an der Chamber, als Deputéiert op alle Fall, schwätzt -, datt dat just fir e Gesetzesprojet ass, eng Proposition de loi, déi Dir virbruecht hutt a fir déi Der lech besonnesch agesat hutt.

Ech wëll domat wierklech lech fir Ären Engagement hei fir d'Médiatioun, en Domän, deem Der jo elo e bëssen och op enger anerer Plaz macht, lech wierklech dofir Merci soen an lech félicitéieren an lech elo schonn all Guddes wënschen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Dee Projet, dee mer haut virleien hunn, dee geet, wéi mer et elo schonn e puermol héieren hunn, op eng Direktiv zréck, déi nees eng Kéier fousst op den Décisioun vum Conseil européen vun Tampere '99. Ech ka mech un dee ganz gutt erënneren, well et war deen éischten, wou ech war a wou, wéi gesot, Meilesteng gesat gi sinn a wou d'Memberlänner opgefuerdert gi sinn, eben aktiv ze ginn, fir extrajudiciaire Prozeduren ze entwéckelen.

Wéi et och scho gesot ginn ass, hate mer hei zu Lëtzebuerg jo och schonn d'Gesetz vun '99 iwwert d'Médiation pénale agefouert. Dat war och gutt, mä - mä! - awer Haaptkritikpunkt un deem Gesetz war, datt dee Moment de Sënn an den Zweck am Fong wierklech den Désengagement vun de Gerichter war. Et war awer ganz onkloer, wéi déi Médiatioun an der Praxis da sollt fonctionnéieren. An et ass och wierklech keng Reflexioun doriwwer gemaach ginn.

D'Formatioun zum Beispill vun de Médiateuren an den néidege Suivi goufen dobäi séier zur Niewesaach - Saachen, déi kritiséiert gi sinn an déi och d'Madame Err besonnesch och eben an hirer Proposition de loi kritiséiert an opmierksam drop gemaach huet. An ebe just an där Hisiicht, just deene Kritiken ass an deem Gesetz Rechnung gedroe ginn.

Well vill méi wéi eng Alternativ soll d'Médiatioun sech zu engem Complément vun der Justiz entwéckelen. Et ass eng aner Manéier, wéi mer et och scho gehéiert hunn, méi eng kooperativ, méi eng friddlech Manéier, zum Recht, jo, och zu sengem Recht ze kommen.

Ofgesi vun engem Aspuere vun Zäit a Geld, besonnesch eben och fir de Stat, erlaabt et, op eng méi diskret Manéier an Domänen, wou d'Publizitéit vun de Verhandlungen dach relativ onangenehm ass, ze wirken an zu Resultater ze kommen. Et ass e Fait, datt d'Médiatioun den Erausforderunge vun eiser heiteger Gesellschaft, mengen ech, besser gerecht gëtt. Si ass upassungsfäeg un ëmmer méi komplex sozial Situatiounen an och e Mëttel, fir deem steigen den Individualismus, wou ee sech nëmmen drop beharrt, recht ze kréien, entgéintzekommen a fir eben dee Kommunikatiounsdefizit, deem esou oft zwëschen de Leit besteet, ze beheieren.

D'Médiatioun erlaabt et zum Beispill, eben am Fall och vun enger Scheedung méi perséinlech an emotionell Aspekter materanzebriengen, déi viru Gericht net onbedéngt a Betruecht gezu ginn. All Partei muss sech do abréngen, muss hiert derzou bäidroen. Et gëtt kommunizéiert an et kënnt nëmmen zu engem Accord, wann, wéi gesot, déi zwou Parteien derzou bäidroen.

Virun engem Geriicht, do gëtt e Jugement imposéiert, a bei der Médiatioun gëtt d'Resultat zwëschen de Parteien négociéiert. Et gëtt also net - wéi d'Madame Err et och scho gesot huet - ee Verléier an een, dee gewënnt, mä et kënnt zu enger Léisung, déi vun deenen zwou Säite gedroe gëtt. An ech mengen effektiv, datt dat eng besser Léisung ass, fir eben och duerno weider zesummen ze schaffen an ze liewen.

D'Direktiv - et ass scho gesot ginn - applizéiert sech fir d'Alleréischst op d'zivil a kommerziell Recht am Kader vun transnationale Litigen, mä dee Projet de loi vun haut, dee geet awer iwwert d'Direktiv eraus a féiert och d'Médiatioun am nationale Kader an, wat mir natierlech begreifen.

Vu datt d'Médiatioun deenen ënnerschiddlechste Situatiounen gewuess muss sinn a fir deene gerecht ze ginn, si verschidde Konstellatiounen virgesinn. Den Här Gloden ass am Detail schonn drop agaangen.

Wéi an der Direktiv och ass eng konventionell Médiatioun virgesinn, an där d'Partei sech op fräiwëlleger Basis op eng Médiatioun aloossen, mä awer och natierlech eng juristesche Médiatioun. An am Géigesaz zur Médiation conventionnelle kann ee juristesche Médiateur nëmme vun engem Riichter ageschalt ginn.

Wou d'Gesetz dann nees ee Schrëtt méi wäit geet wéi d'Direktiv, dat ass, datt eng Section der Médiation familiale gewidmet ass. An och dat ënnerstëtze mer. Obwuel d'Direktiv dozou näischt virgesinn hat, geet aus de Recommendation vum Conseil de l'Europe a vun der Europäescher Unioun selwer ervir, wéi wichteg d'Médiatioun ebe just grad an deem Domän ka sinn. D'Litigé si vu ganz anerer Natur, wéi och d'Konsequenzen, esou zum Beispill bei der Garde vun de Kanner. An dofir sinn eben och speziell Prozeduren an Objektiver festgeluecht ginn.

Fir datt d'Médiatioun dann och esou fonctionnéiere kann, wéi dëst Gesetz et virgesäit, ginn déi néideg kompetent Leit gebraucht. An dat ass effektiv ee Punkt - d'Madame Err ass scho vill drop agaangen -, wat vläicht e Schwaachpunkt ass: Hu mer genuch Leit? Hu mer genuch Leit fir d'Médiateurs agréés, déi déi néideg Formatioun hunn? Jo.

An dann hu mer jo eben niewendrun och nach, no laangen Diskussiounen an der Commission juridique, de Médiateur non agréé. Sollt een dat maachen? Sollt een et net maachen? Gewëss, de Médiateur agréé bréngt déi néideg Kompetenz mat. Do ass ee sécher. Par contre, de Médiateur non agréé léisst eng gewësse Flexibilitéit zou, well do eben net déi administrativ Prozedure virgesi sinn.

Mir hunn eis jo dofir schlussendlech och drop géeenegt, datt een déi zwou Methode soll virgesinn, quitte datt een, wéi mengen ech och de Minister an der Kommissioun et versprach huet, no e puer Joer ka kucken, wéi dann an der Experienz dat eent an dat anert sech bewäert huet.

Ech wëll vläicht nach just op ee Punkt agoen, dee mer an deene villen Avisen - déi sinn hei schonn zitéiert ginn - effektiv als berechtigt oder net onberechtigt schéngt. An dat ass déi Remarque, déi vun der Chambre des Salariés gemaach ginn ass: firwat datt mer keng Assistance judiciaire virgesinn an der Médiation volontaire.

Wa mer wierklech iwwerzeegt sinn, datt d'Médiation volontaire eppes Wichteges ass, eppes Guddes ka sinn, eng friddlech Manéier, fir Konflikter ze léisen, firwat gi mer dann deene Leit, déi mannerbemëttelt sinn, well dat si jo déi, déi vun der Assistance judiciaire kéinte profitéieren, net d'Méiglechkeet, eben och an d'Médiation volontaire ze goen? Ech konnt mech net méi erënneren, datt mer dee Punkt méi speziell an der Kommissioun beschwat haten, an dofir profitéieren ech vun der Präsenz vum Minister, fir deen dote Punkt nach eng Kéier opzeweieren.

Fir de Rescht gi mir natierlech als Fraktioun eisen Accord zu deem Projet de loi.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Polfer. An als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter agedroen. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, viru mengem klengen Exposé am Numm vun der grénger Fraktioun eng kleng Bemierkung ze maachen. Ech sinn ënnert de Kommissionsmembere vun der Commission juridique, déi un deem Projet de loi geschafft hunn, déi eenzeg Persoun, denken ech, déi keng weider berufflech Affinitéite mat der Justiz huet. Meng berufflech Affinitéite sinn am sozioéducativ Beräich an ech wäert och aus deem menger Meenung no gradesou wichtege Bléckwénkel schwätzen.

Merci awer dem Rapporteur, och en Affekt, net nëmme fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, mä virun allem fir seng extrem gutt preparéiert Aarbecht an alle Kommissiounen a säin technesch-juristeschen, alerteierte Bléck, fir all Eenzelheet gesinn ze hunn. Seng minutiös Aarbecht huet mech beandrockt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi esou oft ass et eng EU-Direktiv, déi an onsem Land d'Politik a Bewegung bréngt. Bis elo huet aus onserer Siicht d'Politik sech zimlech wéineg ëm de Phänomeen vun der Schlichtung, vun der Médiatioun gekëmmert. Sécherlech si luewenswäert Initiativen ënnerstëtzt ginn duerch finanziell Subsidien, jo souguer duerch Konventionen.

(**Mme Lydie Polfer prend la présidence.**)

Ech zielen dozou zum Beispill d'Peer-Médiatioun, d'Médiation par les pairs, déi vun engagéierte Leit de Kanner a Jugendleche meeschtens a schouleschen oder përischouleschen Aktivitéite geléiert gëtt. Eng an onsen Ae wichteg Initiativ, well se d'Préventioun huet, grad déi nächst Generatioun op eng aner Form vu Konfliktléisung hinweisen; mat Succès, mat verkanntem oder souguer onbekanntem Succès, op d'mannst bis elo.

Dann d'Konventiounen mat A.s.b.l.en, wéi zum Beispill e Centre de médiation an enger däischerer Galerie Kons, deen op engagéiert an interesséiert Leit vun alle Berufssparten zréckgräift, Leit, déi un d'Médiatioun gleewen, déi sech derfir asetzen. Leit, déi schwierig Fäll, dramatesch oder traureg Fäll, meeschtens Scheedunge mat Kanner, an hire Prestatiounen erliewen.

Leit, déi sech regelméisseg superviséiere loosse, déi regelméisseg Weiterbildung maachen an déi all qualifizéiert sinn. Qualifizéiert net am Sënn vun iergendengem Certificat, neen, qualifizéiert duerch eng offiziell unerkannten Héichschoul oder Uni - also keng Bidonsformatioun.

Leit mat engem grouse Bewusstsein vun Deontologie, vläicht méi grouss wéi dat, wat mir ons notament an der zoustänneger Kommissioun virstellen. Leit, déi an Hoffnung, oder déi mat Hoffnung oder muss ech vläicht souguer soen, déi mat Sehnsucht op aner Länner kucken, wéi zum Beispill Frankräich, d'Belsch, d'Schwaiz oder de Québec.

Dës Länner, fir nëmmen déi ze nennen, sinn ons schonn e ganze Schratt viraus. Si hu schonn zum Beispill eng unerkannte Chambre professionnelle de la médiation et de la négociation, déi de Profil an d'Ausbildung vun der Profession de médiateur definéiert. Si hunn en offiziell unerkannte Code d'éthique et de déontologie des médiateurs. Frankräich souguer huet bei der Reform vu sengem Gesetz iwwert den Divorce am Joer 2003 gläichzäiteg fir d'Kreatioun vun engem Diplôme d'État en médiation familiale gesuergt.

Mir zu Lëtzebuerg dokteren, wahrscheinlech aus parteipolitesche Grënn, schonn iwwer aacht Joer un enger Reform vun engem Scheedungsgesetz a stellen ons Froen iwwert de Sënn an Zweck vun enger unerkannter an diploméierter Médiatioun.

De Québec zielt zu engem vun deenen demokrateschten a participativste federale Staten a villen Hisiichten, déi ech elo net all hei wëll opzielen. Et ass awer keen Zoufall, datt am Québec d'Médiatioun an all hire Komponenten an Domänen net méi zur Alternativ gehéiert, mä zur Regel ginn ass. Wahrscheinlech gehéiert d'Médiatioun zu enger Form vu gesellschaftlecher Organisatioun. Eng Form vu gesellschaftlecher Organisatioun, déi ee mat Sécherheet duerch politesch an legislativ Mesurë promovéiere kann, jo souguer promovéiere sollt.

Dese Projet de loi gëtt haut a senger jëtzege Form gestëmmt. De positiven Aspekt vun der europäescher Obligatioun ass deen, datt mer elo ënner Drock geroode sinn, well mer soss och hätte misse Sanktiounen bezuele wéinst där verpéitert Emsetzung.

En zweete positiven Aspekt ass mat Sécherheet d'Proposition de loi vum Lydie Err aus dem Juni 2002, déi an der parlamentarescher Aarbecht fir munch lwwerleunge gesuergt huet. An dat war och gutt esou. D'Madame Err war visionär zu deem Zäitpunkt; ech mengen domadder am Juni 2002. An zumindest d'Direktiv gëtt hir haut Recht, zéng Joer duerno. Datt et esou laang gedauert huet, fir dës Proposition de loi op de Métier ze huelen, ass eigentlech en traurege Constat vun der Chambersaarbecht.

Ech wëll op dëser Plaz net weider op déi mënschlech Aspekter vun der Méiglechkeet vun enger Médiatioun agoen, déi Aspekter, déi de géigesäitege Respekt beschreiwen, mä och de Respekt viru senger eegener Persoun, fir mat engem Konflikt ëmzegoen, also der Konfliktsituatioun, an net de „Konfliktmënsch“ an de Vierdergrond ze setzen.

Ech wëll éischer der grénger Fraktioun hir Erlicherung matdeelen, datt sech emol endlech eppes doet, eppes beweegt um legislative Plang, well et ass batter wichteg a batter noutwendeg.

Véier positiv Aspekter gesi mir: éischstens, datt d'Médiatioun elo legislativ definéiert ass an domadder och kloer Missioun kritt; zweetens, datt d'Médiatioun hir Plaz souwuel am judiciaire Ressort wéi och am sougenannte fräiwëllegen oder konventionelle Ressort huet. Si gëtt domadder onëmänglech.





Den drëtten positiven Aspekt ass deen, datt Lëtzebuerg nieft den transfrontalière Médiatiounen, eigentlech déi vun der Direktiv, um nationalen Niveau exklusiv agréiert Médiatioun virgesäit an unerkennt an der Médiatioun judiciaire, sief se da familiare oder och net.

A véierte Punkt: datt Lëtzebuerg um nationalen Niveau exklusiv fir agréiert Médiatioun eng Assistance judiciaire virgesäit. Domadder hu mir effektiv Chancëgläichheet geschafen, déi zousätzlech och d'Qualitéit vun der Médiatioun garantéiert.

Mir hunn allerdéngs och Bedenken: dräi Aspekter, déi an onsen Aen elementar sinn, fir datt d'Médiatioun eng Chance kritt zu Lëtzebuerg, sech esou nidderesetzen, datt se hirem Numm och gerecht bleift. Dräi Punkten, déi sécherlech och enger staarker Lobby ausgesat sinn a wou mer ons couragéis Aktiounen an Décisiounen vun der Regierung an hirem Justizminister erhoffen. Dräi Punkten, déi och an der zoustänneger Kommissioun méi schwierig ze thematiséieren oder vill méi en profondeur ze diskutéieren waren, vläicht och, well des zoustänneg Kommissioun praktesch ausschliesslech vun Affekote besat ass.

Éischte Punkt: Wéini kritt een a wie kritt en Agrément?

Zweete Punkt: Wéi gesäit an der Quantitéit an an der Qualitéit d'Formatioun aus, déi ee muss maachen, fir en Agrément ze kréien?

An drëtten Punkt: Wéi eng Roll wäerten déi net agréiert, selbsternannte Médiatoren spillen, respektiv wéi wäert de Législateur mat deem potenzielle Phenomeen ëmgoen?

Dës Froen ginn zu engem Deel och iwwer Règlements grand-ducaux beäntwert. Fir ons sinn et awer wesentlech Froen. Si gehéieren zur Essenz vum Gesetz, eng Essenz, déi mer haut nach net wëssen a wou et ons schwéier fält, dës Projet ze stëmmen, well mer net wëssen, ob mer a Richtung Qualitéit vun enger Ausbildung steieren oder éischter a Richtung: Jiddwereen ass e Médiateur - iwwerengs e Saz, dee mer heiansdo an de Gäng hei an dësem Haus héieren hunn. Dat heescht, nom Motto, wéi eng Kéier ee gesot hat: „Meng Mamm huet hir Kanner och groussgezunn ouni Qualifikatioun.“

Et ass och an deem Sënn, wou mer als gréng Fraktioun wëllen eng Motioun ofginn, wou mer effektiv ons baséieren op d'Wichtigkeet vun der Formatioun, fir en Agrément ze kréien, a wou mer ons derniewent och baséieren op en Artikel, ee vun de leschten Artikelen vun der Direktiv, fir notament d'Virdeeler vun engem agréierte Médiateur ervirzeesträichen.

Well ech denken, datt, wann d'Médiatioun eppes Neies fir ons hei ass, dann ass se jo mat Sécherheet eppes Neies fir d'Bierger an d'Biergerinnen. An dofir wier et wichteg, eng Informatiouns- a Sensibilisatiionscampagne ze maachen an och op dee qualitative Wäert vun engem agréierte Médiateur hinzewiesen.

## Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la médiation en matière civile et commerciale, telle que proposée par la proposition de loi 4969 et introduite par le projet de loi 6272 peut être soit judiciaire, soit conventionnelle;

- constatant que ledit projet de loi ne prévoit pas d'agrément obligatoire pour les médiations conventionnelles;

- rappelant que les modalités de la formation en vue de l'obtention de l'agrément pour la médiation ne sont pas inscrites dans la loi mais seront réglées par voie de règlement grand-ducal;

- soulignant que la loi ne prévoit pas de conditions obligatoires garantissant la qualité à travers une formation spécifique pour les médiations familiales conventionnelles;

- se basant sur l'article 9 de la directive à transposer, qui stipule que «les États membres encouragent, par tout moyen qu'ils jugent approprié, la mise à la disposition du public, notamment sur Internet, d'informations sur la manière de contacter les médiateurs et les organismes fournissant des services de médiation»;

invite le Gouvernement

- à organiser une vaste campagne d'information et de sensibilisation à la régulation des conflits par la médiation et, plus particulièrement, à la qualité des services rendus par les médiateurs et les médiatrices agréés;

- à introduire, en vue de l'obtention de l'agrément et par voie de règlement grand-ducal, l'obligation de suivre une formation (continue) spécifique à la médiation d'un minimum de 150 heures et de 50 heures de pratique en médiation;

- à encourager l'adhésion de tous les médiateurs et médiatrices au «Code de bonne conduite administrative des médiateurs».

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Josée Lorsché.

► **Mme le Président.**- Merci.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Mir bedauern och, datt dat, wat initialement u sech ugeduecht gi war, nämlech den Agrément à durée déterminée, dee vum zoustänneg Minister dann och kéint ëmmer erëm weiderverdeelt ginn, mä virun allem kontrolléiert ginn,... Et war eng Iddi, déi ons gutt gefall hat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen nach gären eng Kéier op d'Assistance judiciaire zrëck. Dës Punkt war an der Kommissioun thematiséiert ginn. Mir sinn der Meenung, datt et eng wichteg Viraussetzung ass vu Chancëgläichheet, datt eng gutt ausgebildete Médiatioun fir jiddwereen accessibel gëtt. An deem Sënn ass et och wichteg, datt concernéiert Leit, ob se gutt dostinn oder manner gutt dostinn, an deem Sënn, ob se aarm sinn oder manner aarm, béid eng Garantie op eng qualitativ héichwäerteg Médiatioun hunn.

Wann net agréiert Médiatore wëlle mat zum Beispill héije Präisser um fräie Maart hire Business maachen, esou wäerte sech déi Concernéiert dach awer, denke mir, iwwerleeën, ob si wirklech méi Sue wëllen ausgi fir manner Qualitéit. A mir hoffen, datt dës Dynamik, wa se dann entsteet, sech vum selwe wäert eliminéieren.

Elementar wichteg dofir schéngt et ons eben: déi offensiv Informatiouns- a Sensibilisatiionscampagne ze starten, d'Notioun vun der Médiatioun ze erklären, gutt Praktiken dovunner ze vermëttelen an op d'Seriositéit vun dëser alternativer Method zur Konfliktléisung anzegeen. Dat geet nëmme, wann och an der Informatiionscampagne op d'Qualitéit vun der Qualifikatioun higewise gëtt.

An alle Fäll, egal ob judiciaire oder net oder nach net: Jiddwereen ass gutt beroden, wann en eng qualifizéiert Médiatioun wëllt, bei en agréierte Médiateur ze goen. Fir all déi aner Fäll sinn natierlech en Noper oder e Kolleg oder eng beschte Frëndin och eng Méiglechkeet, mä dat huet näischt mat Médiatioun ze dinn.

An der Erwaardung, datt ons Motioun ugeholl gëtt, ginn ech déi mitgéiert Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dësem fir ons wichtige Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen der Madame Loschetter och Merci. An ech géif dann als leschtem Riedner dem Här Henckes d'Wuert ginn.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Merci, Madame Presidentin. Och meng Remerciementen un de Rapporteur, den Här Gloden, deen dee ganz komplizéierte Projet, well e jo ganz vill Facetten huet, ganz gutt explizéiert huet. An ech wëll och der Madame Initiatorin vun der Proposition de loi, der Madame Lydie Err, Merci soen, datt se déi gutt Initiativ hat, fir op de Wee ze goe vun där Proposition de loi. Et schéngt jo och, datt se sech mat hirem Dynamismus an Engagement fir d'Médiatioun um Zivilen an Aarbechtsrechtlechen an um Penale gutt duerchgesat huet, well se jo och elo hoffentlech deeselwechten Engagement wäert hunn an hiren neie Fonctiounen. An ech wënschen hir vill Chance dobäi!

Eng etlech Leit, déi kommen natierlech an hirem Liewen e puermol a Konfliktsituatiounen. Deen traditionelle Wee, fir Konflikter ze léisen, ass, datt ee recht kritt an een onrecht kritt, an dofir ginn d'Leit dann deen Ablack op d'Gericht. Mä et ass natierlech awer och esou, datt een oft gesäit, datt et um Gericht heiansdo ka ganz laang daueren, bis een en Uerteel huet. Ech wëll drun erënneren, datt verschidden Divorcen heiansdo 14, 15, 16, 17 Joer laang daueren an aner Prozesser och, datt et also ka relativ laang daueren, bis ee säi Recht kritt a bis jiddweree sech dann a sengem Punkt duerchgesat huet.

An déi Leit, déi wirklech wëlle recht hunn a weisen, datt deen aneren onrecht huet, deene wäert d'Médiatioun och net vill hëllefen, well déi wëllen net op dee Wee do goen.

Datselwecht hu mer, niewent der Justiz an de Richter, do hu mer natierlech och nach a leschter Zäit den Arbitrage fonnt, wat eng Méiglechkeet ass, déi ganz staark gebraucht gëtt, notament an de kommerzielle Konflikter, well do oft d'Dauer an d'Komplexitéit vun engem Prozess och net gewënscht sinn. An et ass besser, et huet een e schlechten Accord, wéi datt ee jorelaang op e Gerichtsuerdeel muss waarden, wat och vill Sue kascht a wat ganz vill Problemer mat sech bréngt.

D'Médiatioun ass en neie Wee, an ech hoffen, datt e vill Succès wäert kréien. Hei ginn op eng Kéier déi Acteurs de droit, wou am Prinzip jiddweree sollt oder ee vun hinne wollt absolut recht kréien, hei ginn déi op eng Kéier derzou bruecht, fir sech net méi ze opposéieren, mä fir de Konflikt, deen tëschent hinne besteet, gemeinsam ze léisen a fir deen Ablack och an där ganzer Phas, wou een dat soll léisen, natierlech déi néideg Berodung an Assistenz ze kréien.

Et geet och drëm, datt déi Leit, déi a Konflikt sinn, sech responsabiliséieren an datt se zesummen en Accord fannen, dee se solle gemeinsam respektéieren.

Dem Médiateur seng Roll, déi ass, fir déi zwou Parteien derzou ze bréngen, fir esou en Accord ze fannen, an datt se deen Accord fräi fannen an ouni Drock vu senger Säit. Dofir ass et natierlech wichteg, datt d'Informatioun komplett ass, notament déi juristesche Informatioun.

De Médiateur ass kee Riichter a keen Arbitr. An eppes, wat och wichteg ass, dat ass d'Confidentialité. Dat heescht, déi Informatiounen, déi virun engem Médiateur geschwat ginn, do kann et net esou sinn, datt de Médiateur op eng Kéier als Zeie geruff gëtt viru Gericht, fir dann auszesoen, wat do soll gesot gi sinn, an datt also dee Médiateur op eng Kéier an de Prozess mat integréiert gëtt.

Et kann een also hoffen, datt mer eng etlech Konflikter esou iwwert d'Bühn kréien. Dat géif d'Gerichter entlaaschten. Mä et ass kloer, datt deen, dee wëllt recht hunn, an deen, dee wëllt recht kréien, nach wie vor wäert op d'Gerichter goen, well e sech géint deen aneren duerchsetze wëllt.

Mä den Agrément, d'Médiatioun ass awer eng wichteg Saach, well mer ganz oft gesinn, datt d'Riichter wirklech net méi wëssen, wéi a wat se sollen décidéieren a klengere Saachen, familiäre Saachen, wou wirklech d'Riichter net dofir do sinn, fir esou Konflikter ze léisen.

Et stelle sech natierlech am Kader vun dësem Gesetz e puer Froen. Dat sinn déi vum Agrément oder net Agrément. Mir mengen, datt et gutt ass, datt mer déi zwee hunn, datt heescht, déi agréiert Médiaturen an déi net agréiert. Woufir? Well mer gesinn, datt déi meescht Leit, déi en Agrément als Médiateur hunn, sech am Famillerecht spezialiséiert hunn, vläicht och nach am Aarbechtsrecht. Mä mir brauchen awer och nach ganz oft Médiaturen an anere Gebidder, an technesche Gebidder, wou et ganz schwierig ass, fir deen Ablack op d'Médiateurs agréés anzegoen, déi éischter eng generell Formatioun hunn. An dofir brauche mer déi zwee.

Ech géif och de Minister bidden ze informéieren - oder iergendwéi op engem Internetsite, oder soss e Mogen ze fannen -, datt déi eenzel Médiateurs agréés oder non agréés, datt do gesot gëtt, wouranner déi sech spezialiséiert hunn. Et kann net sinn, datt ee fir egal wat zoustänneg ass! Datselwecht gëllt och bei den Affekoten, wou ech ëmmer bedauern, datt Verschiddener op eng Kéier universal Affekote ginn. Dat gëtt meeschtens schlecht Affekoten. Et gëtt schlecht Resultater, well haut bei der Komplexitéit vum Droit ass et net méi méiglech.

Dofir géife mir och derfir plädéieren, datt sou wäit wéi méiglech d'Leit an d'Spezialiséierungen, déi se hunn, sollte bekannt gemaach ginn. Dat hëlleft och deen Ablack, datt d'Leit sech dee richtege Médiateur aussichen.

Dann, mengen ech, gëtt et nach en zweete Problem, deen ee muss diskutéieren: Dat ass d'Informatioun, notament d'Informatioun juridique. Ech mengen, et wier gutt, Här Minister, wa mer déi zwou Fonctiounen do géifen trennen. Et ass net gutt, datt de Médiateur deen ass, deen och informéiert, well wann e vergësst, iwwer eppes ze informéieren, wann do iergendwéi net gesot gëtt, dann engagéiert e seng Responsabilitéit. Et komme vläicht schlecht Accorden zustan. Dofir ass notament a Frankräich zréckbehale ginn, datt deen, dee Médiateur ass, net däréi och nach d'Informatioun juridique ginn. Dat mussen zwee verschidden Organismen soen. Do däréi keng Konfusioun sinn.

Den drëtten Punkt, dee mer wichteg schéngt, dat ass: Mir mussen och e Code de déontologie hu fir déi Leit, e Code de déontologie, wou déi eenzel Spillregele festgehale gi fir jiddwereen, dee Médiateur gëtt, ob en agréé ass oder net agréé ass. A wann ee sech net un dee Code de déontologie do hält, da muss e kënnen als Médiateur gestrach ginn. Da muss mat där Aktivitéit opgehale ginn.

Dat sinn déi dräi Konditiounen, déi dräi Reflexiounen, déi mer wollten am Kader vun dësem Projet de loi maachen. Mä prinzipiell ass dat heiten e gudde Wee, an dofir wäert d'ADR och fir dës Gesetz stëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Henckes Merci. An ier ech dem Här Minister d'Wuert ginn, wëll ech lech just drop opmierksam maachen: eng kleng Faute. Et ass en technesche Feeler an der Motioun, déi d'Madame Loschetter déposéiert huet. An deem leschte Saz, do misst een „administrative“ sträichen. Et liest sech also: «à encourager l'adhésion de tous les médiateurs et médiatrices au „Code de bonne conduite des médiateurs“.», an „administrative“ ewech. Dat war fälschlecherweis do drakomm. Voilà! Da brauch dat net nach eng Kéier nei gemaach ze ginn.

Sou! Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

## (Interruption)

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Madame Presidentin. Ech wëll emol fir d'Éischt allen Orateuren hei Merci soe fir déi qualitativ Bäitrag zu dësem ganz wichtige Projet. E besonnesche Merci geet un de Léon Gloden als Rapporteur, dee sech schrecklech vill Méi ginn huet och hei a komplexen Diskussiounen, déi mer haten.

Et huet haut, Gott sei Dank, méi konsensuell geklongen, wéi mer heiansdo an der Kommissioun waren. Mä dass mer Diskussiounen haten an der Kommissioun, dat war net, well mer net datselwecht wollten, mä - op d'Modalitéiten kommen ech nach zrëck - um Deel hat deen een oder deen aneren aner Usichten. An ech mengen, de Léon Gloden huet et hei wirklech fäerdegbruecht, e Mëttelwee ze fannen, well et waren och aner Weeër dran, mä e Mëttelwee ze fannen, deen eis vläicht haut dozou bréngt, esou e Gesetz mat enger Unanimitéit ze stëmmen. Dofir e ganz besonnesche Merci un de Médiateur!

Merci och un d'Lydie Err selbstverständlech, net nëmme, well et ëmmer „Précuratrice“ - oder wéi nennt een dat mat Ärem neie Franséisch?; Précurseur soen ech - war vun der Médiatioun zu Lëtzebuerg! Dofir ass et och flott, Madame Err, dass Är lescht Sitzung och eis dozou bréngt, esou e Gesetz ze stëmmen. Och Merci fir Ären Asaz, och - an ech kommen nach op e puer Saachen zrëck - wa mer net an allen Detailer ëmmer darselwechter Meenung waren a bleiwen. Mä mir wäerte jo dann op anere Plaze schonn d'Geleeënheet kréien, och eis konstruktiv Ausenansetzungen ëmmer weiterzedreiwen.

Ech soen dat och hei, well, ech mengen, mir hunn eis net nëmme säit ech Minister sinn, mä och scho virun, an der Chamber ëmmer erëm begéint. Och wéi ech nach selwer Députéierte war, hu mer an der Commission juridique ëmmer konstruktiv matenee gestriden, ouni Sträit ze kréien. Mir hunn eng ganz Partie vu Gesetzter nach an den 90er Joren och zesumme gemaach. An ech mengen, déi Aarbecht, kann ech wirklech soen, wéi mir zesumme geschafft hunn, war ëmmer «du choc des idées jaillit la lumière». Ech mengen, mir hunn et ëmmer erëm fäerdegbruecht...

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Jo, et muss ee sech heiansdo selwer luewen. Wie lueft eis soss?

## (Interruption)

An hei, mengen ech, hu mer mat villem, villem konstruktive Gestreits e Gesetz gemaach, wat awer gutt ass.

Ech wëll nach e puer Saache soen. Fir mech ass et emol fir d'Éischt wichteg, dass dat heite Gesetz e Gesetz iwwert d'Médiatioun ass, ier dass et e Gesetz iwwert de Médiateur ass. Ech soen dat, well och an der Diskussioun dobaussen heiansdo méi iwwert de Prinzip vun der Médiatioun. An ech hunn dee Saz vun der Madame Loschetter ganz gutt fonnt, fir ze soen, wéi et am Ausland ass, dass do d'Médiatioun eigentlech zur Regel gehéiert an net zur Alternativ.

Doduerch, dass mir ëmmer erëm alternativ gesot hunn: „Wéi kënnst ee méi bëlle g a méi séier zu sengem Recht, ouni mussen an d'Justiz ze goen?“, hu mer och vläicht ze vill oft eis just op de Médiateur konzentréiert an net genuch op d'Médiatioun als Regel, wéi ee kann zesumme liewen. A grad an enger Zäit, wou mer mieren, wéi den Dialog ëmmer méi schwierig gëtt, wou ëmmer méi iwwer Medië matenee kommunizéiert gëtt, amplaz sech un en Dësch ze setzen oder den Telefon ze huelen, ass dat dote ganz wichteg.

Ech erënnere mech ëmmer un déi kuerz Zäit, wou ech selwer Affekot war, wéi oft ech Leit hat, déi Nopeschstreidereien haten, a wou ech da gesot hunn: „Majo, da géi emol eriwuer“, wann de Bam ze no um Haus war, an esou weider. Amplaz elo deier Prozeduren, als Affekot ze ënnerrhuelen: „Géi bei den Noper. Huel eng gutt Fläsch Wäin mat an da setz de dech emol un den Dësch.“ Dat ass eppes, wat oft feelt am Zesummeliewen.





A just do ass et heiansdo gutt, wann een en Drëtten dertëscht huet, deen emol seet: „Da so emol jiddwereen, wat e mengt. A kommt, mir kucken, ob mer net selwer zu engem Schluss kommen.“

Et ass dofir, wou ech och soen - ech kommen nach eng Kéier duerno op agréé an net agréé zrëck -, dass een d'Médiatioun iwwerall brauch, net nëmme virun der Justiz, mä dass et eppes ass am allgemenge Liewen, wou ee Médiatioun brauch. An d'Direktiv - et muss een et wëssen - schwätzt net vun „agréé“. D'Direktiv schwätzt vun „non agréé“.

Dat war ee vun de Punkten, déi mer haten, fir ze soen: Et muss een och Non-agréés kënnen zouloossen, do, wou ee se soll zouloossen, notament well d'Direktiv seet, wa mir eng Médiatioun aus dem Ausland kréie vun Non-agréés, déi awer dem Regelwierk vun der Médiatioun entsprechen, da muss mer se hei akzeptéieren.

Dofir soen ech nach eng Kéier: Wat ass d'Médiatioun? Dat ass emol eng Prozedur. Dat gëtt oft vergiess. Et ass e strukturéierte Prozess. Dat ass e fräiwëllegen Akt. Déi zwou oder méi Parteien mussen fräiwëlleg d'accord sinn, bei de Médiateur ze goen. An déi Solutioun, déi de Médiateur proposéiert, muss se och fräiwëlleg unhuelen oder net unhuelen. An och de Médiateur muss fräiwëlleg derbäi sinn, an dofir muss de Médiateur effektiv onofhängeg, onparteiessch an natierlech kompetent sinn.

Ech mengen, dat ass de grouse Prinzip an dësem Gesetz, deen dann och ganz vill aner Gesetzter wäert beaflossen. Dofir soen ech - Madame Err, Dir gitt elo Médiateur -, eigentlech ass den Ombudsmann fir mech kee Médiateur, well wann e just Médiateur wär, géif en net esou vill erreechen, wéi en erreeche kann a wéi en erreeche soll a wéi en erreecht huet! De Médiateur ass keen, deen eppes imposéiert, mä dee médiéiert. Dofir schwätzen ech net gären zu Lëtzebuerg vum Ombudsmann als Médiateur, well en net de Médiateur ass an deem Sënn, wéi mer en elo maachen.

An der Fonction-publiques-Reform wëlle mer e Médiateur asetzen. Net als Ombudsmann, mä och een, wann d'Leit streiden am Büro, wou se kënnen fräiwëlleg bei dee goen. Doduerch menge mer, dass mer ganz vill Problemer vu Mobbing, Harcèlement a vu schlechtem Zesummeschaffen am Service kënnen évitéieren, wann esou een do ass.

Troubles de voisinage: Do weess ech - also alles, wat Streidereie vun Noperen ubelaangt -, dass d'Mittelstandsministesch och dorunner schafft, fir Médiatioun ze maachen.

An der Santé, do gëtt et wuel an de Spideeler sougenannte Médiateuren. Si sinn awer meeschtens keng Médiateuren. Dat sinn éischter Leit, déi d'Reklamatiounen entgéinhuelen. Dat si keng Médiateuren. De Gesondheitsminister schafft och u Regele vu Médiatioun am Santésektor.

An der Famill kenne mer se souwisou, an ech kommen nach eng Kéier op déi zrëck, déi schonn elo fir d'Famill am Kader notament vum ASFT schaffen.

Sou dass mer emol hei e Gesamtkader maache vun der Médiatioun zu Lëtzebuerg. Mir stellen emol fest: Wat ass d'Médiatioun? Dat bréngt och mat sech, dass verschidden aner Gesetzter herno net méi mussen d'Médiatioun nei definéieren, mä effektiv kënnen soen: Et sinn déi dote Regelen, déi et sinn. Dat ass déi éischt grouss Iwwerleeung, déi ech wollt mat lech maachen.

Déi zweet grouss ass déi: Wéi brénge mer et fäerdeg, eng Balance ze fannen tëschent Qualität an Accessibilitéit? Dat ass nämlech och schonn haut e Problem. Mir hunn an dem zweete Paquet Télécom - do war ech nach selwer Kommunikationsminister - eng Médiatioun agefouert, wann d'Leit Sträit hate mam Opérateur. Do hu mer gesot: „Ma gitt bei de Centre de médiation vum dem Gericht!“ D'ropshin huet d'Kommissioun vu Bréissel eis geschriwwen: „Dat ass ze deier, wat dat ass. Dir musst also eng aner Médiatioun aféieren.“

Dofir hu mer hei an dësem Parlament am drëtten Paquet Télécom dem ILR déi Médiatiounsroll iwwerginn, wann de Client e Problem huet mat der Post oder mat iergendengem aneren Opérateur.

Dofir muss mer ëmmer kucken: Wat ass Qualität a wat ass Accessibilitéit? An dat bréngt eis dozou, vun agréé an net agréé ze schwätzen. Och en Netagréé kann e gudde Médiateur sinn, awer vläicht net an alle Fäll. Do kënnt d'Kompetenz derbäi. Ech mengen, dass bei Nopeschstreidereien een net onbedéngt muss op d'Uni gaange sinn, fir dat ze maachen, mä et muss een e bësselchen dat hunn. Fréier op den Dierfer wat dat oft de Schoulmeeschter zum Beispill, deen effektiv tëschent de Leit och médiéiert huet. Oder de Buergermeeschter!

Dat gehéiert, also ass oft eng normal Aufgab gewiescht vun de Buergermeeschteren, fir ze kucken, d'Streithähn do ze schlichten.

► **Plusieurs voix.** - Dat ass haut nach esou.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Soul Genée dat!

Dofir: Wéini brauche mer a solle mer en Agréé hunn? Dee muss eng gewësse Qualität hunn. Éischtens, et soll een net vun uewen erof soen - dat war eng Diskussioun, déi mer haten -, nëmmen en Agréé ka Médiateur sinn. Et muss een do Fräiheet loossen, notament am Kader vun Europa. Ech kommen do nach eng Kéier op d'Formatioun zrëck. Et soll een also do d'Fräiheet loossen. Mä et muss een en do festleeën, wou mir gesot hunn: Nämlech bei enger Médiation judiciaire muss et en Agréé sinn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, dass mer scho gären hätten, dass eigentlech d'Leit emol léiwer bei en Agréé gi wéi bei en Non-agréé. Dat soll ee maachen.

Da wëll ech op e puer Saachen zrëckkommen, och op déi Motioun. Da kann ech déi direkt - ech wëll net soen, evakuéieren -, mä drop agoen, op déi Motioun vun der grénger Partei.

Et ass evident, dass mir wëllen als Ministère eng Campagne de sensibilisation maachen. Dat iwwer eise Site, dat och iwwert de Guichet.lu an dat och an Zesummenaarbecht mat anere Ministère, zum Beispill mam Familljeministère, dee jo elo schonn och Formatioun mécht.

Da kommen ech op d'Formatioun zrëck iwwert de Médiateur. Also, et ass evident, dass mir selwer wëllen déi dote Campagne maachen. An ech hunn och dofir kee Problem, deen dote Punkt vun der Motioun unzuhuelen.

Datselwecht zielt och fir de Code de bonne conduite. Och do soen ech, de Code de bonne conduite kann net vun uewen erof imposéiert ginn. Wat ech gär hätt, dat ass, dass déi Leit um Terrain sech zesummesetzen a selwer e Code de bonne conduite maachen an u sech selwer e bësselchen hir Qualität propagéieren. Ech mengen, dass dat dat Wichtigst ass.

Well wa mer vun uewen erof eppes imposéieren, éischtens komme mer dann an eng Beruufsregelung, wat mer net wëllen a wat och schrecklech vill Problemer géif mam europäesche Recht mat sech bréngen oder, besser gesot, net mam europäesche Recht, mä mat der libre Circulation. Mä et wär gutt, wann déi Leit selwer e Code de bonne conduite hätten.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Da kréie mer och déi Fro vum Contrôle, deen de Ministère mécht, méi einfach an de Grëff. Well wa mir elo soen, wéi mer et am Ufank virgesinn hunn, all dräi Joer muss den Agrément erneiert ginn, soen ech, dass dat net onbedéngt vill bruecht hätt. Well éischtens, esou vill Leit hu mer net am Ministère, déi nëmmen déi administrativ Aarbecht maachen. An da wär et herno vläicht einfach eng Routineaarbecht, amplaz dass mer elo soen, et ass indéterminé. Mir kucken, an engem Dialog mat deene Betreffenen dann och do ze intervenéieren, notament wa mer Reklamatiounen kréien an esou weider, och do ze intervenéieren, fir ganz kloer ze soen: Du bleifs Agréé, du bleifs net Agréé.

Dat heescht, de Code de bonne conduite, do si mer och absolut d'accord. Dofir kann ech och de Libellé, hunn ech kee Problem «à encourager l'adhésion de tous les médiateurs et médiatrices...». Ech géif souguer soen: «...l'élaboration et l'adhésion...», mä ech kann awer mat deem heite Libellé liewen, well ech gär hätt, dass d'Iddi vum Code de bonne conduite vun deene Leit ausgeet, déi wierklech um Terrain sinn, an net vum Ministère vun uewen erof veruerdnet gëtt.

Dann ass natierlech d'Fro vun der Formatioun wichteg. Dat ass do deen eenzege Punkt, wou ech géif - dat ass deen zweete Punkt vun där Motioun - l'licht Emännerungsvirschléi maachen, aus folgende Grënn: Éischtens muss mer ëmmer erëm kucken, wat am Ausland geschitt. Well et ass evident, dass, wann een Agréé am Ausland ass, mir net einfach kënnen soen: Du hues - an ech kommen op d'Zuel vun 150 zrëck, ech kommen nach eng Kéier op déi Zuel - elo manner Zuelen (veuillez lire: Stonnen), dofir gëss de net zougelooss.

Mir sinn hei, riskéieren hei - an dat huet de Statsrot ëmmer erëm gesot - an d'Direktiv „Qualifikatioun“ ze kommen. A mir mussen esou kucken, dass mer net op eemol bei eis d'Lat esou héich leeën, dass verschidde Leit bei eis net kéinte Médiateur ginn, an aus dem Ausland misste mer se unhuelen.

Dofir wëlle mer och - ech mengen, do si mer eis eens - soen, d'Basis ass e Master en médiation, dee mer zu Lëtzebuerg ubidden, oder eng Formation adéquate, déi entweder am Ausland unerkannt ass oder déi mer selwer wëlle maachen. Do wëlle mer eis an där nächster Zäit mam Ministère de la Famille zesummesetzen,

vu dass do jo schonn eng Formatioun ugebuede gëtt an dass et schlecht wär, wann e Ministère de la Famille eng Formatioun hätt a mir hätten eng allgemeng Formatioun, sou dass mer wëlle kucken, an deem Règlement grand-ducal eis ze eenegen.

Dofir soen ech, déi Ziffer 150, dat ass fir mech eng Gréisstenuerdnung, awer keen Zil u sech. Et ass wéi bei allem. Et ass wéi bei 5/6. Wat heescht, et hänkt ëmmer dovun of, vu wat 5/6 5/6 sinn. Esou ass et och mat 150:...

(**Hilarité**)

...150 vu wat ass d'Formatioun?

Richteg ass, dass mer dat doten als Basis huelen, fir d'Diskussionen ze maachen. Ech géif lech dofir vorschloen, dass mer géife schreiwen: «...l'obligation de suivre une formation...», ech géif net «continue» schreiwen, well soss hu mer keng «initiale» dran. Ech géif den «continue» sträichen an ech géif schreiwen: «...une formation spécifique à la médiation en se basant sur les expériences acquises;» oder wéi mer et schreiwen. Fir et ganz däitlech ze soen: Mir hunn eng ALMA, mir hunn eng Médiatioun, déi vun der Famille organiséiert gëtt, mir brauchen also net alles am Justizministère nei ze erfannen. Kommt, mir geheien dat net einfach ewech! Loosst eis just, leet mech net op 150 Stonne fest, mä gitt dovunner aus, dass et an där dote Gréisstenuerdnung wäert sinn.

(**Interruption**)

Jo, also, sicht mer eng Formulatioun, Madame Loschetter, fir herno! Dir verstitt, wat ech mengen. Mir wëllen datselwecht. Mir hu Saachen hei. Déi wëlle mer net einfach ewechgeheien, déi hunn hir Prouf erbruecht. Loosst just dem Justizminister an der Regierung eng gewësse Latitude, fir dat ze maachen! Mä wa mer kéinten esou eng Formulatioun fannen...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President!

► **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madame Loschetter lech eng Fro stellt?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Ech erlaben alles...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - ...an ech brauch elo kee Médiateur.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, Här Minister, ech wollt u sech lech d'Fro stellen: Dir hutt elo just d'Formatioun ugeschwat, déi vum Ministère de la Famille ugebuede gëtt. Dat ass eng Formatioun, déi hu mer nach am viregte Règlement grand-ducal vum ASFT-Gesetz erëmfonnt. Do waren 100 Stonne spécifique en médiation virgesinn, déi zousätzlech hu misse prestéiert ginn, egal wéi eng Qualifikation professionnelle datt een hat.

Dësen Tiret fënnt ee leider net méi an deem neie Règlement grand-ducal vum August 2011 erëm. Dat huet vläicht seng richteg Ursach, vläicht gëtt déi nach eng Kéier anescht iwwerduecht. Dat wär déi éischt Fro: Hutt Dir do scho Pourparlers gehat mam Ministère de la Famille a gedenkt Dir vläicht dat, wat do erausgehall ginn ass, vläicht an deen heite Règlement eranzuhuelen?

An dat Zweet ass, déi zweet Fro ass: Gesitt Dir déi Formatioun vum Ministère de la Famille als eng unerkannte qualifiante Ausbildung? Normalerweis mécht een dat op enger Héichschoul, voire op enger Uni, an dann huet een och eng offiziell unerkannten Ausbildung gemaach. Mir wësse jo, datt déi Ausbildung, déi de Ministère de la Famille ubitt mat engem Certificat, net onbedéngt qualifiante ass.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Elo fänken ech hannen un. Et ass evident, dass mer hei net wëllen an net sollen e Beruff kreéieren. Soss kréie mer Problemer mat der Direktiv „Qualifikatioun“ vun Europa, déi och elo nach frësch gemaach gëtt. Mir wëlle keen neie Beruff schafen. Dat wär och schlecht. Dofir kann een elo net eng Berufsausbildung draus maachen a soen, et muss deen doten Diplom sinn.

Mir hätten awer gär eng gewësse Qualität dran. Dofir d'Iddi fir ze soen, fir een Agréé muss de eng Formatioun gemaach hunn, soit déi mir unerkennen, soit déi am Ausland unerkannt ass. Mir mussen just oppassen, dass mir net dräimol méi froe wéi am Ausland, well mer soss eng Discrimination à rebours maachen. Dat ass déi allgemeng Fro. Dofir wäerte mer net eng Berufsausbildung draus maachen, mä effektiv eng Formatioun, déi e Certificat huet, déi awer doduerch net zu engem Beruff féiert. Dat ass dat Éischt.

An natierlech, wat der méi géifen de Master en médiation maachen, deen op der Uni Lëtzebuerg, deen awer och am Ausland ugebuede

gëtt - an der Schwäiz gëtt et dat, an Däitschland gëtt et dat -, tant mieux! Mä ech mengen, mir sollen net nëmmen esou héich setzen, soss hu mer herno erëm e Problem zu der Accessibilitéit vun de Leit zu engem Médiateur.

Zweetens - also Är éischt Fro -, dee Règlement vum August, do hu mer net dréiwver diskutéiert gehat, spezifesch vum Ministère de la Justice aus. Wat mer awer amgaange sinn ze maachen - an do gëtt et scho reg Echanges tëschent dem Ministère de la Famille an eis -, dat ass fir ze kucken, fir eng Formatioun ze maachen, hir Experienze hei mat eranzuhuelen a wierklech ze kucken, dass een net herno op eemol zwou Formatiounen huet, an deen een dat eent kéint maachen, am Familial machen et anerer. Dat wëlle mer wierklech esou gesinn.

Dofir nach eng Kéier: Mir sinn do schonn amgaangen, mam Ministère de la Famille ze kucken, dass mer eppes géife maachen, ee Règlement, an dat, wat si bis elo vun Experienze hunn, dran afléissen ze loossen. Loosst mer just einfach, mir an der Regierung an dem Statsrot, deen dat muss aviséieren, déi néideg Zäit, fir dat uerdentlech ëmzesetzen! Mä gitt dovunner aus, dass mer, wat d'Stoussrichtung ubelaangt, largement enger Meinung sinn, an da muss een den Detail kucken.

Ech bleiwe bei deem, wat ech virgeschloen hunn, dass ech géif an d'Commission juridique zrëckkomme mam Projet de règlement grand-ducal, soubal mer dobäi wäeren.

Dat ass also de Punkt zu där doter Formatioun. Also sicht eng Léisung! Wéi ech gesot hunn: Mir hu Saache vun der ALMA, mir hu Saache vun der Famille. Kommt, mir soen net, et ass copy-paste, mä kommt, mir soen, dat doten ass eng gutt Basis, fir eppes Seriöses ze maachen, an ech mengen, da wësse mer, wat mer wëllen. Dat ass de Problem Qualität.

Dann dee leschte Problem - wann ech nach e puer Minutten hunn -, dat ass d'Accessibilitéit: Et muss och fir jiddwereen zougänglech sinn. Dat bréngt och mat sech, dass mer soen: Do, wou et eng Médiation judiciaire ass, wëlle mer och en Tarif maachen. Dat war eng Diskussioun, Madame Err, déi mer déi leschte Kéier nach haten. Ech bleiwen der Meinung, dass et wichtig ass, dass, wann et eng judiciaire ass, wou de Richter décidéiert, dass dann d'Leit awer mussen wëssen, et ass deen doten Tarif, un dee sech gebonne gëtt. Dat ass...

► **M. le Président.** - Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madame Err lech eng Fro stellt?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Majo selbstverständlech!

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.** - Dass, wann de Richter décidéiert, eng Médiatioun ze maachen, dat gëtt et net!

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Dat ass richtig, jo.

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.** - De Richter kann nëmme proposéieren, an dofir genau, Här Minister, leit Der falsch, wann Der mengt, dass et an der judiciaire misst tarifiéiert ginn.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Jo.

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteure.** - Well no deemselwechte Prinzip misste jo och d'Affekoten, déi fräi sinn, tarifiéiert ginn.

(**Brouhaha**)

► **M. le Président.** - Loosst elo emol d'Madame Err hir Fro stellen! An elo äntwert den Här Minister drop. Alles der Rei no. Sou geet et och an der Médiatioun.

(**Hilarité**)

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Richteg ass, dass de Richter proposéiert. Ech hu just e Problem, well hei eppes ass, wou et net de fräien Affektot souwäit ass, wou et schonn iwwer e Richter awer funktionéiert. Loosse mer soen, ech hat mech improprement ausgedréckt, do hat d'Madame Err recht. Ech mengen, et ass wichteg, dass d'Leit wëssen, dat doten ass och deen Tarif, op deem et funktionéiert. Do hu mer eng Divergence de vue. Ech mengen awer, dass eis Vue - an déi Vue, déi ech hei soen, gëtt och vu villen anere Leit heibanne gedeelt - awer am Endeffekt besser ass.

Ech soen och, dass mer mussen an zwee, dräi Joer eng Kéier kucken: Wat hu mer alles bruecht oder net? Mä ech mengen, ech stinn zu deem, wat ech elo gesot hunn.

Dat Zweet ass d'Assistance judiciaire. Dat hat d'Madame Polfer gefrot. Aus deem dote Grond





och vu Qualitéit an Accessibilitéit si mer der Meenung, dass d'Assistance judiciaire nëmme soll beim Agréé zielen an nëmme bei - ech kommen nach op deen anere Punkt - der Assistance (veuillez lire: Médiation) judiciaire soll zielen. Är Fro huet zwee Deeler. Dat Éischt ass, dass se nëmme soll fir en Agréé kënnen zielen, d'Assistance judiciaire, an do stinn ech dozou, an net fir en Non-agréé soll kënnen zielen - och, fir d'Leit ze incitéieren, bei en Agréé ze goen.

Déi zweet Fro ass... Déi eng ass ënnerschwellleg, wat ech gesot hunn. Déi zweet ass dann déi: Woufir nëmmen Assistance judiciaire? Do soen ech, näischt empêchéiert de Stat - an ech ginn lech Beispiller - op anere Plazen, wou e Médiateur ass, an dat wäert zum Beispill bei der Santé de Fall sinn, dat ass an der Famille iwwer ASFT de Fall, dass de Stat do seet: Majo, mir bezuelen de Médiateur, soulaang en agréé ass. Dat ass jo ee vun deene Punkten, déi elo gewiescht waren am ASFT.

Mä mir mengen net, dass d'Assistance judiciaire, déi nu wierklech eppes mat de Gerichter ze dinn huet, dass een d'Instrument vun der Assistance judiciaire soll benotzen, fir Médiation non judiciaire ze bezuelen. D'Assistance judiciaire huet eppes mat de Gerichter ze dinn!

Mir sinn iwwregens amgaangen, eng Reform ze maache vun der Assistance judiciaire, well d'Käschten explodéieren. An ech mengen, wa mer wëllen eng Reform maachen, déi awer nach ëmmer dem Prinzip vun der Assistance judiciaire gerecht gëtt, soll och d'Assistance judiciaire bei der Médiation un der Justiz hänke bleiwen. Sou ass dat iwwerhaupt bei der Assistance judiciaire. Et kritt een net bei allem, wou een en Affekot kritt, onbedéngt eng Assistance judiciaire. Et kritt een eng, wann et effektiv och eppes mat de Gerichter ze dinn huet. Dofir menge mer, och hei soll d'Assistance judiciaire bei der Médiation judiciaire hänke bleiwen.

An ech soen lech nach eng Kéier: Et gëtt eng Partie Domäner wéi d'Famille, an ech weess och, dass d'Santé dorunner denkt, fir ze soen, ma mir bréngen eng Médiation de qualité. Do ass et esou, dass dann de Stat iwwer aner Weeër effektiv déi Médiation financéiert. An dat ass dann ëmmer erëm an deem eenzelne Gesetz, de Fall vun deem eenzelne Gesetz.

Voilà, ech mengen, dass ech op all Froen agaange wär. Ech si wierklech haut ganz frou, dass mer dat gemaach hunn. Et war net einfach, well mer eng europäesch Direktiv benotzt hunn, fir e grousst Lëtzeburger Gesetz ze maachen. Op där anerer Säit sinn ech awer frou, dass mer dat grousst Lëtzeburger Gesetz hunn.

An ech soen nach eng Kéier, mat allen Diskussiounen, déi mer haten, Agréé, Non-agréé an esou weider, wou et ëmmer verschidde Meenungen hei an do gouf, mengen ech, hätte mer hei emol e Kompromëss gemaach, dee kéint d'Strooss halen. Mir sollen em eng Chance ginn. Mir sollen all och derfir kämpfen, dass d'Médiation net nëmme méi just als Exception, mä als Regel an eisem Zesummeliewen ugesi gëtt.

Ech erkläre mech selbstverständlech gäre bereet, fir dass mer eng Evaluatioun maachen. Émsou méi wär ech da frou, wann d'Médiateure selwer sech géifen zesummeschléissen an en Deel vu Qualitéitskontroll, vu Code de bonne conduite géif iwwert d'Médiateure selwer kommen. Dat wär déi beschte Reklamm fir d'Médiation selwer.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Justizminister. Här Henckes, hutt Dir nach eng Fro un de Justizminister?

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Ech wollt eng Fro un de Justizminister schécken an un d'Autorin vun der...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Selbstverständlech.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - ...Motioun. Et geet ëm deen Ausdrock «Code de bonne conduite administrative des médiateurs».

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Dat hat...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Et gëtt e Code de conduite...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Dat hat d'Madame Presidentin Polfer scho gesot, den «administrative» wär gestrach,...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Voilà, mä dach...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - ...deen hätt näischt domat ze dinn.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Jo, mä ofgesinn dovunner, et gëtt och e Code de conduite des médiateurs européens. Duerfir, huelen ech un, ass et deen, op deen elo sech referéiert gëtt. Oder gëtt et en nationale Code? Mä ech géif éischter unhuelen, dass et deen europäesche Code misst sinn, vu dass mer hei jo och eng europäesch Direktiv ëmsetzen. Dat wär also een Erklärungsbedarf, deen ech hei hätt, well mer all Kéiers vun engem aneren Term soss kéinte schwätzen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice.* - Also, nach eng Kéier: Fir mech ass wichtig, dass de Code de bonne conduite eppes Fräiwëlleges ass, wat vun ënne kënnt, an net eppes Obligatoresches, wat vun uewe kënnt. Dat ass bei der Deontologie ëmmer wichtig, dass dat net alles eng gesetzlech Form huet, mä dass et wierklech vun ënnen erop kënnt. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass: Et gëtt effektiv schonn eng ganz Partie Virarbechten um europäesche Plang. An ech ginn och dovunner aus, dass, wa mäi Wonsch erhéiert gëtt, dat vun der Basis selwer kënnt, déi Leit deen och kennen a sech do-robber baséieren. Et ass awer och wichtig bei esou engem Code de bonne conduite, de Lëtzeburger Spezifisitéite Rechnung ze droen.

Mir haten déi leschte Kéier als Justizministern eng riseg Debatt iwwert d'Médiation, wou mer festgallt hunn, dass et an alle Länner ganz anescht ass. Et sinn zum Beispill Länner, déi ënner Médiation awer eppes Obligatoresches verstinn. An dofir, mengen ech, ass et scho wichtig, dass déi Leit - an dofir hätt ech gär, dass et vun ënnen erop kënnt - sech Gedanke maachen.

Ech mengen, do kéint eng Uni eng Roll spillen, eng berodend Roll, well op der Uni, an deem Master en médiation, komme Leit vun iwwerall Coursen halen. Dass ee seet: Hei sinn déi Basisregele vum Code de déontologie oder vun den Deontologieregelen, wéi et se an Europa gëtt. Kommt, mir maachen do eppes draus, wat der Lëtzeburger geschier spezifischer Situatioun ugepasst ass!

Mir hunn aner Problemer zum Deel wéi aner Länner. An dofir, mengen ech, hunn ech Är Fro beäntwert. Dat, wat an Europa gemaach ass, brauch een net méi nei ze erfannen, mä et muss een et ëmmer esou maachen, dass et och zu Lëtzebuerg klappt.

► **M. le Président.** - Gutt, ech mengen, domadder wieren all Froe beäntwert. Mir wieren domadder um Enn vun der Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6272 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(Interruptions)

► **M. Michel Wolter** (CSV). - Mäin Apparat geet net. Ech stëmmen mat Jo.

► **M. le Président.** - No där Präzisioun vum Här Wolter ass de Projet de loi ugehall mat 58 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6272 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Raymond Weydert), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

**Retrait du rôle de la proposition de loi 4969**

Nom Vote vum Projet de loi 6272 wëll ech dann och nach d'Madame Lydie Err froen, ob si domadder averstanen ass, dass domat och hir Proposition de loi 4969 als evaküiert betruecht ginn ass.

► **Mme Lydie Err** (LSAP), *auteure.* - Jo, Här President.

► **M. le Président.** - Da soen ech der Madame Err Merci.

Als nächste Punkt hu mer d'Diskussioun vun der Proposition...

(Interruption)

Ah entschëllegt, jo, et ass richtig. Entschëllegt, Madame Loschetter, mir hunn hei nach eng Motioun.

**Motion 1**

Do war virgeschloe gi vum zoustännege Minister, dass d'Madame Loschetter déi soll licht ofänneren. Dat huet se entre-temps gemaach. Ech géif hir proposéieren, dass se haart déi Modifikatioun vun där Motioun géif virlesen, an da kéinte mer doriwwer ofstëmmen.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*). - Jo, Merci, Här President. Mir hunn déi Wieder, déi vum Minister proposéiert gi sinn, esou iwwerholl. An deen zweeten Tiert vum Invite, dee wär da Folgenden: «à introduire, en vue de l'obtention de l'agrément et par voie de règlement grand-ducal, l'obligation de suivre une formation dont l'étendue et les spécificités sont basées sur les acquis de l'expérience luxembourgeoise en matière de médiation».

► **M. le Président.** - Ass dat an der Rei, Här Justizminister? Derbäi kënnt, dass mer am leschten Tiert och nach den „administrative“ ewechloossen.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que la médiation en matière civile et commerciale, telle que proposée par la proposition de loi 4969 et introduite par le projet de loi 6272 peut être soit judiciaire, soit conventionnelle;*

- *constatant que ledit projet de loi ne prévoit pas d'agrément obligatoire pour les médiations conventionnelles;*

- *rappelant que les modalités de la formation en vue de l'obtention de l'agrément pour la médiation ne sont pas inscrites dans la loi mais seront réglées par voie de règlement grand-ducal;*

- *soulignant que la loi ne prévoit pas de conditions obligatoires garantissant la qualité à travers une formation spécifique pour les médiations familiales conventionnelles;*

- *se basant sur l'article 9 de la directive à transposer, qui stipule que «les États membres encouragent, par tout moyen qu'ils jugent approprié, la mise à la disposition du public, notamment sur Internet, d'informations sur la manière de contacter les médiateurs et les organismes fournissant des services de médiation»;*

*invite le Gouvernement*

- *à organiser une vaste campagne d'information et de sensibilisation à la régulation des conflits par la médiation et, plus particulièrement, à la qualité des services rendus par les médiateurs et les médiatrices agréés;*

- *à introduire, en vue de l'obtention de l'agrément et par voie de règlement grand-ducal, l'obligation de suivre une formation spécifique à la médiation dont l'étendue et les spécificités sont basées sur les acquis de l'expérience luxembourgeoise en matière de médiation;*

- *à encourager l'adhésion de tous les médiateurs et médiatrices au «Code de bonne conduite des médiateurs».*

(s.) Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Josée Lorsché.

Kann ech dann déi ëmgeännert Motioun zum Vote stellen?

(Assentiment)

**Vote sur la motion 1 modifiée**

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun deser Chamber ze sinn. Domadder wär déi Motioun ugehall.

Da kéime mer elo zur Diskussioun iwwert d'Proposition 6205 iwwert d'Ofännerung vum Artikel 52 vun eiser Verfassung an d'Proposition de loi 6206, eng Ofännerung vum Wahlgesetz, déi mer dann och zesumme wäerte behandelen.

Et sief drop higewisen, dass fir d'Proposition de révision 6205 laut Artikel 114 vun eiser Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass an de Vote par procuration net erlaabt ass. D'Riedezäit ass hei festgeluecht nom Modell 1. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wilmes a Berger, d'Madame Lorsché, den Här Henckes an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de révision, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6205 - Proposition de révision de l'article 52 de la Constitution

### 6206 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

**Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle sur la proposition de révision de la Constitution 6205**

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Deputéierten Eugène Berger huet den 12. Oktober 2010 zwee Projeten an der Chamber deponéiert. Een éischten Text huet als Zil, den Artikel 52 vun der Verfassung ofzeänneren. Den Alter, wou een däréi viele goen, soll vun 18 op 16 Joer erofgesat ginn.

An enger Proposition de loi, déi gläichzäiteg mat der Revision vun der Verfassung abruecht ginn ass, gëtt virgeschloen, d'Artikelen 1, 2, 3, 11, 52 an 89 vum Wahlgesetz ofzeänneren. Déi zwee Projeten hänke ganz enk zesummen. Si dréien allen zwee ëm de Wahlalter, dat heescht, den Alter, wou een däréi viele goen. An et ass och esou, wann de Wahlalter an der Verfassung géif erofgesat ginn, da misst selbstverständlech och d'Wahlgesetz deementspriedend ugepasst ginn.

Den Auteur vun deenen zwee Projete gesäit vir, dass déi Jonk mat 16 Joer viele kënnen goen, mä dass si bis 18 Joer net musse viele goen. Si kréien also ee Recht, mä si hu keng Verflichtung, fir d'Wahlrecht och effektiv auszeüben. Domat ginn déi Jonk tëschent 16 an 18 Joer eigentlech gläichgestallt deenen eelere Matbierger iwwer 75 Joer, wou am Artikel 89 Alinéa 3.2 vum Wahlgesetz fir déi Kategorie vu Wieler eng Excuse légale virgesinn ass. Déi hunn e Recht, mä si hunn och keng Verflichtung méi, fir viele mussen ze goen.

Den Här Berger huet a senge Propositionen e puer Motivatiounen bruecht, e puer Grënn bruecht, fir de Wahlalter erofzesetzen. Déi Jonk solle méi staark un deem politesche Liewen interesséiert ginn. Si sollen hir Lwwerleungen an hir Fuerderunge besser kënnen virdoen. Si sollen och konkret gesinn, dass se an hire politeschen Lwwerleungen, déi se kënnen maachen, och seriö geholl ginn. Den Här Berger beriff sech a sengen Lwwerleungen op d'Beispiller aus dem Ausland, ënner anerem op d'Beispill vun Eisträich an och op d'Beispill vun den däitsche Bundeslänner, wat d'Gemengewahle betrëfft.

Den Auteur zitéiert dann och a senge Propositionen eng Rei aner Gesetzter, wou déi Jonk tëschent 16 an 18 Joer och scho Rechter hunn, notament am Zivilrecht. Hie beriff sech dann och op d'Resolutioun vum Jugendparlament 5-5 2009/2010 an op eng Dokumentatioun vum Conseil de l'Europe. Ech ginn hei net an d'Detailer op all déi Dokumenter an, déi iwwregens dem Procès-verbal vun der Institutionskommission vun dem 29. Juni 2011 bäigefügt sinn.

Bei zwee Dokumenter erlaben ech mer awer nach hei, e puer Wieder driwwer ze soen. Dat ass engersäits den Avis vum Statsrot an op där anerer Säit d'Prises de position vun der Regierung.

Fir de Statsrot ass d'Entscheidung, fir de Wahlalter op 16 Joer erofzesetzen, eng politesch Décisioun, déi d'Chamber ze huelen huet. A sengem Avis vum 3. Mee 2011 verweist de Statsrot op seng Avisen zu deenen ähnleche Projeten, an zwar op säin Avis vum 23. Mäerz 2010 a besonnesch op säin Avis vum 19. Oktober 1971. Et ass also eng Matière, déi scho laang an der Diskussioun ass.

De Statsrot ass der Meenung, dass d'Argumenter, déi virbruecht ginn, fir de Wahlalter op 16 Joer festzeleeën, och kéinte gebraucht ginn, fir déi Altersgrenz nach weider erofzesetzen, ouni dass en awer do eng Limite ugëtt. Hien huet dann awer och Bedenken, fir de Wahlalter erofzesetzen, well dat nom Statsrot op laang Siicht ouni Zweifel net ouni Effete géif bleiwen, notament am Beräich vum Zivilrecht a besonnesch och am Beräich vum Strofrecht.

De Statsrot gëtt och ze bedenken, dass, wann et ëm eng Bedeelegung vun deene Jonken un de politeschen Diskussiounen geet, weder d'Ver-